



plaze fir Schüler sollen amenagéiert ginn, ass net méi wéi richteg. D'Mobilitéé douce muss ouni Zweifel fir zousätzlech gefërdert ginn. Wann d'Architektur een och vläicht net onbedéngt direkt elo vum Stull rappt, sou muss een awer soen, datt eng Rei Elementer mat integréiert ginn, déi dat Ganzt awer méi flott gestalten, sief dat Holz, siefen dat déi rout Briquen, soudatt een am Endeffekt kann awer zefridde si mat dësem Projet.

Soudatt ech dann, wéi gesot, och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei bréngen an ech soen der Madamm Rapportrice dann och nach Merci fir hir verschidde Rapporten. Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci och dem Här Graas. Ech hu soss kee Mënsch méi ageschriwwen. Ass dat richteg?

(**Assentiment**)

Gutt. Da géif ech direkt dem Här Bauteminister François Bausch d'Wuert ginn.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo, Madamm Presidentin, ech kann et dann och kuerz maachen: Ech wëll haaptsächlech der Chamber Merci soe fir déi breet Zoustëmmung.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Minister. Da sinn d'Diskussiounen ofgeschloss a mir kënnen direkt schonn erëm zu der Ofstëmmung kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7134 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Prokuraen. Sou, de Vott ass ofgeschloss.

Resultat, wonnerbar, 60 derfir, Unanimitéit. De Projet de loi 7134 ass ugehall. Villmools Merci!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Däll'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par Mme Cécile Hemmen), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adams, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech wollt lech froen, ob Der eis d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel gitt.

(**Assentiment**)

Merci, Dir Dammen an Dir Hären.

Gutt, da komme mer elo erëm zu eisem Ordre du jour, wéi Der e kennt. Mir kommen elo zum Projet de loi 7064. Deen huet en duebelen Titel. Et geet ëm d'Jugend, mä et geet och ëm d'Traitements vun den Donnée-personnellen, wat d'Schüler ugeet. An ech géif direkt dem Här Gilles Baum als Rapporteur d'Wuert ginn. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

8. 7064 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;

2. de la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements des données à caractère personnel concernant les élèves

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- Merci, Madamm Presidentin. Kolleeginnen a Kolleegen, Chancëgläichheet, dat ass e groust Wuert, wat eise Klengsten awer net einfach esou an de Schouss gefall kënn. Leider! Et ass un der Politik, et ass un eis, fir ze kucken an derfir ze surgen, dass all Kand onofhängeg vu sengem Elterenhaus, senger Hierkonft oder

senger Nationalitéit an eisem Schoulssystem déiselwecht Chancë kritt, fir säi Wee ze fannen a säin eegene Wee ze goen.

Ech sinn iwwerzeegt, dass dëse Projet de loi d'Startchancë vun eise Kanner an eiser Schoul verbessert, andeems mer hinnen en natierlechen Zougang zu der Sproochevillfalt an eiser Schoul an an eiser Gesellschaft ubidden.

Et ass jo och net déi éischte Kéier, dass am Kontext vun de Sproochen hei an der Chamber doriwwer geschwat gëtt. An am Kader vun der Sproochendebatt hate mer jo hei schonn engagéiert a kontrovers diskutéiert, an ech géif da mengen, dass dat de Mëtten och wäert de Fall sinn.

Madamm Presidentin, wourëms geet et konkret an dësem Projet de loi? De 7064, deen änert d'Jugendgesetz vum 2008 of an och d'Gesetz iwwert déi perséinlech Donnéeë vun de Schüler. An et ass näischt aneres wéi d'Aféierung vun der méisproocheger Fréifërderung fir d'Kanner vun engem bis véier Joer an de Crèche an an de Betreuungsstrukturen.

Et geet drëm, fir vum jonken Alter ze profitéieren, fir d'Kanner op eng kandgerecht Aart a Weis un d'Sproochen erunzeféieren an esou der méisproocheger Realitéit an eise Schoulen an an eiser Gesellschaft gerecht ze ginn. Dës Offer wäert d'Integratioun vun alle Kanner verbessern an domat déi sozial Kohäsioun stäerken an zugläich schonn deene jéngste Kanner déi beschët Startchancen, déi beschët Erfollegsaussichten erméiglechen, an dëst onofhängeg vun hirer sozioekonomescher Situatioun an onofhängeg vun hirer Familijsituatioun.

Dës Qualitéitsoffer fir d'Kanner vun engem bis véier Joer bréngt och 20 Gratisstonnen an der Kannerbetreuung pro Woch mat sech, an dat während 46 Wochen am Joer. Dëst géllt fir d'Services d'éducation et d'accueil vum Stat a vun de Gemenge souwéi fir déi privat Träger, déi als Prestataire vum Dispositif Chèque-service accueil unerkannt sinn.

Och gëtt mat dësem Gesetz d'Tarifikatioun, also de Montant, mat deem de Stat d'Familljen ënnerstëtzt, iwwerschaft. De Chèque-service accueil fir Famillje mat Kanner vun null bis zwielef Joer gëtt ugepasst, fir eng qualitativ héichwäerteg Betreuung ze garantéieren. Dir erënnert lech vläicht un de Projet de loi 6410, deen d'Qualitéitskritären an de Rameplang festgeluecht huet.

E puer aktuell Zuelen: Am Mee 2017, dat heescht viru ronn sechs Wochen, wéi den Dekont gemaach ginn ass, do hu vum Chèque-service accueil 47.813 Kanner profitéiert. An Enn 2016 gouf et 1.492 Agrementen am Beräich vun der Kannerbetreuung. Dat ware 699 Dagesmammen, 409 am konventionéierte Secteur an 384 am kommerzielle Secteur. A vun deene 1.492 waren 98% dem Dispositif Chèque-service accueil do bäigetragt, dat heescht, déi Kanner, déi do an der Obhut waren, konnte vum Chèque-service accueil dee Moment profitéieren.

Well mer d'Akommes an d'Familljesituatioun vum Beneficiaire vum Chèque-service accueil besser a Betruucht zéien, schaffe mir zudeem méi geziilt. D'Familljen, déi et am meeschte brauchen, ginn och am meeschten ënnerstëtzt.

Kolleeginnen a Kolleegen, et geet also an dësem Projet de loi ëm Chancëgerechtkeet. Dat méisproochegt a multikulturellt Ëmfeld an eise Schoulen ass sonner Zweifel en Deel vun eisem Rächtrum vun eisem Land. Déi Kleng si virwëtzeg géigeniwwer neie Saachen, also och vun de Sproochen. Wa se méi grouss sinn, kann et awer sinn, dass se mat Problemer konfrontéiert ginn. Et géllt also, am jonken Alter unzesetzen, fir dass d'Kanner fräi an entspaant un déi verschidde Sproocher kënnen erugefouert ginn.

An der lëtzebuergescher Sprooch kënn an dësem Prozess eng ganz zentral Roll zou. Lëtzebuergesch ass a bleift d'Integratiounssprooch, déi éischt Sprooch an eisem multilingualen Ëmfeld. Well d'Lëtzebuergesch no bei der däitscher Sprooch läit, steet d'Alphabetisatioun op Däitsch och ausser Fro.

Der lëtzebuergescher Sprooch eng zentral Roll zoukomme loossen, dat war och d'Zil vun der Éducation précoce, déi 1999 agefouert ginn ass. Mä zënterhier huet sech dat sproochlecht Ëmfeld hei am Land awer staark verännert. Iwwer 65% vun de Kanner, déi an de Precoce kommen, schwätzen doheem kee Lëtzebuergesch méi. Doduerch hunn natierlech och vill Kanner net genuch Lëtzebuergeschkenntnisser, wa se an d'Éischt Schouljoer kommen, wou se dann op Däitsch alphabetiséiert ginn. A well schonn am zweete Schouljoer Franséisch derbäikënn, kann et sinn, dass bei Kanner Schwierigkeiten an der schoulescher Entwécklung optauchen.

Aus deem Grond ginn déi lëtzebuergesch Kanner also fréi an an enger entspaanter At-

mospär un déi franséisch Sprooch erugefouert. Mä och Kanner, déi a Crèche ginn, wou net Lëtzebuergesch geschwat gëtt, ginn un déi Lëtzebuergescher Sprooch erugefouert. Deemno ass et och eng ganz kloer Stärkung vun der Lëtzebuergescher Sprooch.

D'Schoul muss eng Schoul sinn, wou sozial Ongläichheeten am jéngsten Alter opgehuewe ginn amplaz se ze verstärken. A fir déi beschët Startchancen ze garantéieren, onofhängeg vum soziokulturelle Background, stëmme mir de Mëtteg déi sproochlech Fréifërderung, déi op spilleresch a flott Aart a Weis der Situatioun an eise Schoule gerecht gëtt.

Madamm Presidentin, de Programm vun der Fréifërderung baséiert op véier Pilieren. Et ass éischstens emol d'Entwécklung vun de sproochleche Kompetenzen, et ass awer och d'Zesummenaarbecht mat den Elteren, eng deelweis gratis Betreierung an d'Zesummenaarbecht mat de schoulesche Servicer.

Wat den Zougang zur lëtzebuergescher a franséischer Sprooch ugeet, stelle mer fest, dass d'Kanner, wa se kleng sinn, stänneg op Entdeckungsrees sinn, an dat bitt sech natierlech och beim deeglechen Ëmgang mat de Sproochen un, eng spilleresch Approche besonnesch fir déi Kanner vun engem bis véier Joer. Si entwéckelen mat Liichtegkeet den Zougang zur Sprooch a si fräi am Ëmgang mat de Sproochen. Déi Kanner, déi doheem kee Lëtzebuergesch léieren, hunn esou méi Zäit a gi méi geziilt gefërdert, fir an eiser Sprooch fit ze ginn an och fit ze sinn, wa se an d'Lëtzebuergescher Schoul kommen. Awer och der Mammesprooch kënn an dësem Gesetz eng ganz wichteg Roll zou.

De spillereschen Ëmgang mam Franséischen erlaabt e fräit, relaxt Eruntaaschten un dës Sprooch, éier linguistesche Hindernisser sech opbauen. Et ass also op kee Fall e rigiden Unterrecht am klasseche Sënn, mä vill méi e spillereschen Zougang iwwer Lidder, Reimer, Fangerspiller, kleng Geschichten, Theater.

An ech weess, dass haut schonn a ganz ville Strukturen a Klasse genau dat dote gemaach gëtt. A mir wëllen déi Approche verstärken a verdéiwen.

Wat d'Partnerschaft mat den Elteren ugeet, esou wäert et sinn, dass d'Crèche an Zukunft hir Dieren nach méi grouss opmaachen. Den Eltere gëtt eng zentral Roll zougedeelt, solle si sech dach méi aktiv an d'Liewe vun de Betreuungsstrukturen amëschen, sech asetzen, sech abréngen, besonnesch wat dat pädagogesch Konzept ugeet.

D'Schafe vun engem Eltererot an engem Representant vun den Eltere beweist dës nei participativ Approche. Duerch eng besser Zesummenaarbecht tëschent den Elteren an de Leit, déi an de Strukture schaffen, wäert souwuel d'Qualitéit wéi och d'Léierklima eropgoen.

Wat d'Personal ugeet, esou wäert et sinn, dass an all Struktur op d'mannst eng Persoun den Niveau C1 am Lëtzebuergesche muss hunn, sproochlech, an och den Niveau C1 am Franséischen. An dat fir Persounen, déi 40 Stonnen an der Woch an der Crèche schaffen.

Innerhalb vum Personal gëtt e Référent pädagogique du programme linguistique designéiert. Dee koordinéiert allegueren déi Aufgaben, déi mat der Méisproochegkeet ze dinn hunn. En iwwerwaacht déi an e kuckt och, dass déi Aufgaben ëmgasat ginn.

All Struktur wäert och Initiativen ergräifen, fir mat de Schoulen an de Gemengen, awer och mat den nationalen Organismen zesummenzeschaffen. Si wäerte musse Formatiounen an Informatiounen fir Elteren ubidden, awer och Diagnos an Ennerstëtzung fir déi kleng Kanner, wann déi gebraucht ginn. D'Zil ass et natierlech, den Iwwergang an de Cycle 1 ze vereinfachen.

Wat déi gratis Stonnen ugeet, esou ass et esou, dass duerch d'Aféierung vun der multilingualer Sproochefërderung de Betreuungsstrukturen eng ëffentlech Missioun zudeelgëtt, nämlech d'Kanner besser op eise Schoulssystem virzebereeden. A fir dass esou vill Kanner wéi méiglech kënn vun dëser Offer profitéieren, wäert all Kand tëschent eent a véier Joer 20 Stonne gratis d'Woch betreit kënn ginn. Dat natierlech an der Limitt vun de Plazen, déi disponibel sinn.

Kanner, déi net vollzäit an enger Crèche betreit ginn, well se zum Deel an de Precoce ginn oder well en Elterendeel nëmmen hallef schafft, kënnen awer och am Kader vun der méisproocheger Fërderung zéng Stonne gratis kréien.

D'Iwwerschaft vum Dispositif Chèque-service accueil. Nieft dem neie Sproocheprogramm wäert och d'Tarifikatioun vum Chèque-service iwwerschaft ginn, net nëmme fir déi Familljen ze ënnerstëtzen, déi et brauchen, mä och fir et un d'Realitéit vum de Familljen unzupassen. Dëst ass och Deel vum Regierungsprogramm,

dee sech virgeholl huet, eng qualitativ héichwäerteg Offer am Beräich Kannerbetreuung unzébiden. Et geet ëm d'Chancëgläichheet vun den Elteren a vun de Kanner. Et geet ëm gläich Startchancen an d'Liewen, onofhängeg vun der sozialer Hierkonft.

Esou wäerten zum Beispill Stéit, déi manner wéi zweemol de Mindestloun verdéngen, zéng Stonne gratis méi kréien, wéi dat elo de Fall ass. Dat heescht, déi gratis Stonne gi vun dräi op 13 erop. Stéit, déi tëschent zwee- an dräimol de Mindestloun hunn, kréie fënnef Stonne gratis derbäi; pro Woch a pro Kand, versteet sech. An dat fir all Kand, soulaang d'Kand am Fundamental, dat heescht an der Primärschoul, ass.

De Projet de loi gesäit och nei Modalitéite vir, fir de Chèque-service accueil ze rechnen. Et gëtt vu Fall zu Fall gekuckt, wivill Kanner am Stot sinn, bei den Elteren oder beim Représentant légal. Awer och d'Garde alternée gëtt berücksichtegt. Also, mir droen hei enger weiderer Realitéit an eiser Gesellschaft Rechnung.

Madamm Presidentin, dëse Projet de loi ass awer och d'Resultat vun enger breeder Concertatioun mat villen Akteuren aus dem Secteur vun der Kannerbetreuung. Et gouf ënner anere m e regen Austausch mat der APEG, der Association professionnelle des éducateurs gradués, mat der EFJ, der Entente des foyers de jour, mat der FELSEA, der Fédération luxembourgeoise des services d'éducation et d'accueil pour enfants, dem LCGB, dem OGB-L an dem Syprolux. Den Input vun alle Partner, grad awer och wéi d'Erferung vun de verschiddene Pilotprojete konnten an dësem Projet de loi mat a Betruucht gezu ginn.

Madamm Presidentin, d'Schoul huet d'Missioun, fir sozial Ongläichheeten am jéngsten Alter opzehiewen an net ze verstärken. Eng Fréifërderung, déi de Kanner op eng flott an ureegend Aart a Weis den Zougang zu der méisproocheger Schoul erlaabt, dréit zu méi Chancëgläichheet bāi. Ech sinn iwwerzeegt, an dat aus menger berufflecher Erfahrung, awer och duerch dat, wat ech all Dag mat menger Duechter, déi dräi Joer huet, erliewen, an och wa mer d'Resultat vläicht net muer an iwwermuer gesinn, da sinn ech awer fest der Iwwerzeugung, dass den Ëmgang mat de Sproochen an dem Stellwäert vun de Sproochen an eise Schoule sech duerch dëst Gesetz däitlech wäert verbessern.

Zum Schluss wëll ech nach e puer Mercie lass ginn: de Kommissiounsmembere fir hiert flott Matschaffen, besonnesch awer och eiser ganz fläiseger Sekretärin, der Madamm Joëlle Merges, déi an de leschten Deeg ganz, ganz, ganz vill Aarbecht hat. Och e Merci un den Här Minister, deen an all Sëtzung vun der Chamberskommissioun derbäi war, an och senge Beamte vum Ministère, der Madamm Claude Sevenig, dem Här Patrick Thoma, an och dem Här Manuel Achten.

Wéi gewinnt, fannt Der den Detail vun allen Adaptatiounen, grad ewéi d'Avis vum Statsrot an de Berufskummeren a mengem schrëftleche Rapport.

Da soen ech lech alleguer Merci. Ech soen lech Merci, falls Der nogelauschert hutt. An ech sinn iwwerzeegt, dass mer bei dësem Projet wäerte genauso eng breet Zoustëmmung fanne wéi bei deenen dräi Projekte virdrun.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Rapporteur Gilles Baum. Als éischt ageschriwwen Riednerin hunn ech d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch. Madamm Hetto, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, et ass net fir d'Éischt, dass mer zu dësem Thema hei schwätzen. An et wäert lech duerfir och net weider verwonneren, wann ech lech soen, dass mir als CSV mat dësem Gesetz absolutt net averstane sinn. An duerfir gëtt et eng ganz Partie vu Grënn.

De Minister huet eis wuel eng Lëscht vun Etüde geschéckt, jo, relativ jonken Etüden, déi behaapten, dass d'Zwee- an och deelweis d'Méisproochegkeet de kleng Kanner zeguttkënn an dass se bis zu dräi Sproocher kënn wéi e Schwamm opsuickelen. Mä, fir dass dat ka funktionéieren, müssen d'Konditiounen, wéi a wou dat stattfanne soll, och klappen.

De Jim Cummins, Professer op der Uni vun Toronto, dee sech ënner anere mat der Sproochentwécklung beschäftegt, dee seet do-



zou zum Beispill: «L'apprentissage d'une deuxième langue nécessite une exposition répétée et fréquente.» Wéi wëlle mer da sécherstellen, dass dës Konditioun och erfëllt gëtt?

D'Translanguaging-Theorien, op déi Der Iech jo esou gäre berufft, Här Minister, gi mëttlerweil vu ganz ville Wëssenschaftler ganz kritesch gesinn, och vu Wëssenschaftler hei am Land. D'Etüd „Easy As Pie? Children Learning Languages“ ass ee wëssenschaftlechen Text, un deem sech och d'UNESCO orientéiert fir hire Rapport iwwert d'Sproochelëiere vu Kanner mat ënnerschiddlechem sproochleche Background. An dëse wëssenschaftlechen Text seet, dass eist Gehir dat ganzt Liewe laang fäeg bleift, fir méi Sproochen ze léieren.

Bei allen Etüden, op déi Dir verweist, läit och keng eenzeg vir, déi seet, dass d'Méisproochegkeet ab engem Joer de Kanner virunhëlt, fir besser an eisem Schoulsystem eens ze ginn, wann et heescht: Mat sechs Joer ginn eis Kanner op Däitsch alphabetiséiert, egal mat wéi engem Sproochebagage si an d'Klass kommen.

Wa mer de Minister richteg verstan haten, da war jo eng vun den Ursachen, wisou hien iwwerhaupt mat dësem Projet koun, dass d'Kanner doduerch sollte besser an eisem Schoulsystem eens ginn. Déi Lëtzebuerger Kanner sollte méi fräi mam Franséischen a Kontakt kommen. Wat se jo alleguer guer net gären an och anscheinend guer net gutt maachen, ech komme spéider dorobber zrëck. An déi portugisesch Kanner sollte méi Lëtzeburgergesch léieren, wat jo eigentlech d'Aufgab vum Precocé ass. Och dorobber kommen ech méi spéit zrëck.

Fazit Nummer eent: Et gëtt keng wëssenschaftleche Basis, dass dat, wat hei geplangt ass, an eisem souwisou scho multilinguale Kontext seng Friichte wäert droen, wann d'Kanner e puer Joer méi spéit op Däitsch alphabetiséiert ginn.

Fir dass d'Betreiungsstrukturen awer elo net am Hierscht mam Fanger am Mond dostinn, kréie si e puer Iddie geliiwert, un deene si sech kënnen orientéieren. Aacht ënnerschiddlech Erfahrungen vu Pilotprojeten, méi oder manner gutt, un deenen d'Haiser sech sollen inspiréieren, fir hire Programm auszeschellen. Dës Pilotprojete si just iwwer e puer Méint gelaf a sollen elo flächendeckend, jee no Populatioun, jee no Ëmfeld, kënnen iwwerholl ginn.

Dobäi ass net gewosst, ob dat iergendeppes bréngt, ob dës Modeller ee positiven Impakt hunn. Et ass net gekuckt ginn, ob dat sech an der Zäit positiv op de Kanner hir Sproochentwécklung auswierkt, well duerfir hätte jo déi Pilotprojete misse vergläichbar sinn a si hätte misse iwwer eng vill méi laang Zäit lafen, fir iwwerhaupt kënnen evaluéiert ze ginn.

De Prinzip „eng Persoun, eng Sprooch“ funktionéiert tipptopp, wann en da systematesch ugewannt gëtt. Ee Kand, wat en Austausch mat enger Persoun wëllt, kritt ganz séier spatz, a wéi enger Sprooch dass déi Persoun mat him ka kommunizéieren. Wann et also erkennt, dass et muss en Effort an enger Sprooch maachen, déi net seng Mammesprooch ass, fir mat där Persoun kënnen ze kommunizéieren, dann ass d'Kand och bereet, deen Effort ze maachen. Et muss eng reell Necessitéit erkennen, zumindest am ganz jonken Alter.

Ee Kand, wat mierkt, dass eng Persoun zu verschiddene Momenter am Dag eng aner Sprooch schwätzt, sicht sech déi Sprooch eraus, mat där et am beschte vertraut ass. Dofir gesi mir och net an, dass et soll eppes bréngen, wann deeselwechten Erzéier dagsiwwer, och wann et zu gewëssene fixe Momenter ass, a verschiddene Sprooch mat de Kanner kommuniquéiert. De Prinzip „eng Persoun, eng Sprooch“ ass leider an deenen aacht Pilotprojeten net iwwerall garantéiert.

Fazit Nummer zwee: Ganz kuerzweileg Pilotprojete solle flächendeckend als Inspiratioun gëllen. Si sinn net wëssenschaftlech iwwerpréift ginn, mä sollen awer elo generaliséiert ginn. Dat gesi mir als ee ganz geféierlechen Exercice un.

De Minister wëllt nieft der verstärkter Fërdung vu Lëtzebuerg a Franséisch awer och, dass d'Kanner hir Mammesprooch festegen. Et ass wichteg an och duerchaus nozevollzéien, mä wéi soll dat wann ech gelift iwwert d'Bün goen? Geet et duer, esou wéi dat elo hei geplangt ass, wann een d'Elteren encouragéiert, vill mam Kand an der Mammesprooch ze schwätzen?

Wéini sollen d'Elteren dat maachen? Owes, wann no aacht Auer endlech déi ganz Famill

doudmidd doheem zesummekënn, no engem laangen Dag vu schaffen, no engem laangen Dag an der Crèche? Abee, duerfir brauchen d'Eltere manner Stress. Si brauchen Zäit, méi Zäit, fir mam Kand ze schwätzen. A mir hate jo dofir och méi e flexibele Congé parental gefuerdert, fir ebe justement den Elteren...

(Interruption)

...déi Zäit zouzestoen, déi se brauchen, fir mam Kand ze spillen, ze schwätzen a sech och mat em ze beschäftegen.

Wéi wëlle mer dann an der Crèche selwer d'Mammesprooch fërdere respektiv d'Kanner encouragéiere se ze schwätzen? Geet et duer, wann een an der Crèche zum Beispill den Austausch tëscht Kanner mat darselwechter Sprooch ënnerstëtzt, oder muss d'Personal och capabel sinn, an där jeeweileger Mammesprooch ze kommuniquéieren oder op d'mannst verstoe kënnen, wat d'Kand wëllt ausdrécken?

Fazit Nummer dräi: d'Mammesprooch festegen. Jo, mä hei weess keen, wéi dat an der Praxis soll geschéien.

Wier et net besser, wann ee bei deem ganzen, schonn elo besteende Plurilinguismus an der Crèche den Akzent géif op Lëtzeburgergesch als Verbindungssprooch setzen, fir dass d'Kanner mat deene villen ënnerschiddleche Mammesproochen - et kënnen der alt bis zu zwielef a méi an engem Grupp sinn - ënnereneen an enger gemeinsamer Sprooch iwwerhaupt emol kënnen kommunizéieren, an domadder gläichzäitig d'Basis schafen, dass d'Kanner, wa se bis an d'Spillschoul kommen, richteg gutt Lëtzeburgergesch kënnen an et dann do derduerch och méi einfach wäerten hunn, op Däitsch alphabetiséiert ze ginn?

Et ass näamlech bewisen, dass Kanner, déi gutt Lëtzeburgergesch kënnen, och méi Liichtegkeet hunn, duerno op Däitsch alphabetiséiert ze ginn. Et gëtt eng Etüd vun der Madamm Engel a vun der Madamm Ertel vun der Uni.lu, déi dat ganz kloer beweist.

A wat hëlleft dat Ganzt iwwregens, Här Minister, deene Kanner, déi doheem weder Lëtzeburgergesch nach Franséisch schwätzen, mä eng ganz aner Sprooch? Mengt Dir tatsächlech, dass se, wa se elo nach mat zwou weidere Sprooch konfrontéiert ginn, da besser an eisem Schoulsystem eens ginn, wou Däitsch esou eng wichteg Roll spillt? Wisou also net zum Beispill Lëtzeburgergesch an Däitsch fërdere, vu dass mer jo op Däitsch alphabetiséieren? An zemoos wann ee weess, meng Kolleegin Martine Hansen huet dat schonn e puermol gemaach, dass déi 45% vun deenen Négjärege emol net déi national Lieskompetenzstandarden am Däitschen erreechen.

Wann d'Ursaach, fir Kanner ab engem Joer mat Franséisch a Kontakt ze bréngen, déi ass, dass d'Kanner solle méi fit am Franséische ginn, da muss een emol vläicht genoe kucken, firwat dass dann esou vill Kanner Schwiereregkeeten hu mam Franséischen. Wa mer mierken, dass eis Jonk net gutt sinn am Franséischen, dann dëngt et och net onbedéngt, fir eppes Neies nach virun de Precocé ze druddelen. Mir léieren alleguer zeg Jore laang Franséisch a sinn awer net onbedéngt à l'aise an dëser Sprooch. Duerfir brauche mer ganz kloer eng Reform vum Sproochenunterrecht.

D'CSV ass der Meinung, dass ee misst higoen an déi franséisch Programmer richteg ausereneenhuelen, op Inhalter hin analyséieren, d'Methodik, d'Grammatik, sech d'Fro stellen: Wéi eng Zäiten zu wéi engem Moment muss een dann iwwerhaupt kennen? Géif et net zum Beispill duergoen an der Primärschoul, de Present an de Passé composé an de Futur gutt ze kënnen, fir sech emol kënnen einfach auszedrécken an et dann no engem sechste Schouljoer fäerdegzibréngen, an enger Vakanz zwou Bulle Glace an eng Cola ze bestellen? Sech einfach emol ze trauen, sech op Franséisch auszedecken!

Fir eis ass et ganz kloer, dass an der Primärschoul d'Methodik, fir Franséisch ze léieren, muss änneren. Do sidd Der jo anscheinend amgaangen, drun ze schaffen. Mä mir haten och d'Reform vum Secondaire, déi déi lescht Woch gestëmmt gouf, och sollen notzen, fir de Sproochenunterrecht ze flexibiliséieren a verschidde Sproochenniveaue fir allegueren d'Schüler unzebidden. D'Martine Hansen hat och dozou eng ganz Rëtsch Amendementen eragereecht.

Well grad am Lycée kréie vill Schüler Problemer mat enger Sprooch. Mä grad hei paakt de Minister de Problem net un. Hei wäert sech näischt fir d'Schüler änneren, ausser am Technique cycle inférieur. Do gi Cours de base a Cours-avancé offéiert.

Fir d'CSV muss de Sproocheproblem do ugepaakt ginn, wou e sech stellt: an zwar an der Schoul selwer. Mä mat dësem multilinguale

Frëifërdungskonzept vum Här Meisch gëtt de Problem op där falscher Plaz ugepaakt.

Fazit Nummer véier: Ier een op spilleresch Aart a Weis d'Kanner ab engem Joer mam Franséischen a Lëtzeburgergesch wëllt vertraut maachen, hätt een onbedéngt missten higoen a genee analyséieren, wat net esou gutt leeft an eventuell muss ofgeännert ginn am Apprentissage vum Franséischen. Et hätt ee seng Ziler misse kloer definéieren: Wou wëlle mer hikommen? An et hätt ee misse decidéieren, wéi eng Moyenen ee sech da wëllt ginn, fir dohinzerzekommen.

Déi gratis plurilingual Kannerbetreung wäert eise Budget all Joers ëm mindestens 80 bis 100 Milliounen Euro belastschen. Een imposante Montant fir eppes, wou mer net kloer wëssen, ob eppes derbäi erauskënn, wou mer och net wëssen, wat soll derbäi erauskommen. Well, wéi sot de Minister op enger Table ronde? „An der Education non formelle setzt ee sech keng Ziler.“ An an deem Fall ass et jo och schwéier, eng Evaluatioun ze maachen.

Derbäi kënn nach eppes ganz Wichteges. Esou ass et och net kloer, ob dat Ganzt elo fir d'Gemengen eng gratis Operatioun gëtt. Wann et Méikäscht fir d'Gemege gëtt, op wivill chifféiert Dir se, Här Minister?

(Interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madamm Cahen hat déi lescht Woch am Kader vun der Froestonn hei gesot: „An da steet déi nächst Woch jo och nach d'gratis Kannerbetreung um Ordre du jour.“ D'gratis Kannerbetreung. Geet et finalement just ëm gratis Kannerbetreung oder geet et ëm d'Frëifërdung?

20 gratis Stonne fir jiddwereen. Wou ass do déi sozial Selektivitéit? Hätte mer net besser, déi vill Sue méi an d'Qualitéit vun de Crèche, spréch an de Personalschlëssel, ze investéieren, fir emol kënnen op déi primär Besoine vum Kand, vum ganz klengen Kand anzegoen? Reaktiounen op seng Mimik, seng Gestik, säi Gepoters a säin Handeln.

An duerfir brauch d'Personal Zäit. Wann ee mat de Leit näamlech aus de Crèche schwätzt, dann héiert ee ganz séier eraus, dass si an dëser wichtiger Aufgab total iwwerfuerdert sinn, well se als een Erwuessene bei sechs klengen Kanner tëschent null an zwee Joer dat einfach net hibrënen. A sot mer elo net - elo ass en net heibannen, den Här Engel -, eng Mamm géif dat och hibrënen. Déi kritt jo kaum sechs Kanner mateneen, bannent zwee Joer.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Très bien!

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Fazit Nummer fënnf: Vill Sue ginn investéiert fir eppes, wou een net weess, wat an ob eppes dobäi erauskënn.

Ech stellen dann och emol ganz kloer d'Fro: Wat brauch e Kand dann iwwerhaupt mat engem Joer? Et brauch Zäit, fir ze spillen, Zäit mat sengen Elteren, Zäit, fir seng Ëmwelt ze entdecken, Zäit, fir d'Reaktiounen op säin Handele richteg ze deiten, Zäit, fir sech ze entwëckelen, an zwar a sengem eegene ganz individuelle Rhythmus.

Hei gëtt dacks argumentéiert, dass fir d'Kanner duerch dëst Gesetz méi Chancëgläichheet spéider an der Schoul wäert entston. Et muss en awer wëssen, dass déi reell Problemer um Terrain net just am Schwätze leien, mä och nach op ganz aneren Niveaue.

Kanner, déi an eng Crèche kommen, kommen all mat engem komplett ënnerschiddleche Bagage. An dat hu mer kloer gesinn, wéi mer déi Crèche kucke waren, wou 50 Kanner aus zwielef verschiddenen Nationalitéite betreit goufen. D'Personal ass do méi wéi gefuerdert, fir schonns do fir Chancëgerechtegkeet ze sueren. Et heescht Retarden an der Motorik, der Sprooch am Allgemengen, dem kognitive Beräich an de soziale Kompetenzen opzeschaffen, d'Kanner richteg ze stimuléieren, well doheem vläicht keen dat mécht, hinnen Opmierksamkeet ze schenken, eng Bindung opzebauen, wou keng Bindung doheem stattfënn, well duerfir vläicht d'Zäit oder munchmol och dat néidegt Wësse feelen.

Fazit Nummer sechs: Mir sinn der Meinung, dass, wa mer vu Chancëgläichheet schwätzen, déi op ganz aneren Niveaue dës le départ muss stattfannen, wéi just andeems een d'Franséisch- an d'Lëtzeburgergesch-Schwätze fërdert. Ee Kand vun engem Joer huet ganz aner, vill méi wesentlech Bedürfnisser, wéi mat zwou Sproochen a Kontakt ze kommen.

A wann dat Ganzt, dës plurilingual Frëifërdung, soll esou villversprechend sinn, wéi de Minister dat jo iwwerall ukënnegt, da misst jo och all Kand eng Plaz garantéiert hunn, soss wiere jo déi Kanner, déi keng Plaz fannen, benodelegt. Wéi, Här Minister, wëllt Der dat da garantéieren? A wat maachen déi Elteren, déi

keng Plaz fir hiert Kand fannen? Sinn déi Kanner dann elo an Ären Ae méi schlecht preparéiert op eise Schoulsystem? Wéi wëllt Der dës Ongerechtegkeet dann aus dem Wee rauen?

Fazit Nummer siwen: Well net all Kand eng Plaz garantéiert huet an enger Struktur, déi déi plurilingual Frëifërdung praktizéiert, sinn déi Kanner, déi keng Plaz fannen, dem Minister sengen Argumenten en faveur vun der Frëifërdung no, am Nodeel. Deemno eng richteg Ongerechtegkeet.

Si mer net och hei amgaang, e gewëssenen Drock par rapport zu den Elteren opzebauen, déi sech zum Beispill bewosst derfir entscheet hunn, hir Kanner selwer ze erzéien? Gi mer hinnen net d'Gefill, dass, wann d'Frëifërdung da géif eppes bréngen, hir Kanner am Nodeel sinn, wa se doheem géifen erzu ginn? Huele mer net grad den Elteren de Choix ewech, a wéi enger Crèche, bei wéi enger Dagesmamm a wéi se iwwerhaupt hir Kanner wëlle betreit kréien?

Fazit Nummer aacht: Mir setzen d'Elteren, déi hir Kanner selwer oder bei anere Leit wëlle versuerge loossen, ënner Drock.

Dobäi muss ee sech wierklech d'Fro stellen, ob d'Eltere vun den 20 gratis Stonne wäerte profitéieren, well se vun der plurilingualer Frëifërdung iwwerzeegt sinn oder well se gratis ass. Dat wäert wuel ganz schwéier erauszefanne sinn.

Nieft dem Drock, deen hei par rapport zu den Elteren opgebaut gëtt, baue mer och e ganz groussen Drock zu de Crèche op an zu de Maison-relais, well wa si sech net un d'Spillregelen halen, da fält fir si de Chèque-service accueil ewech.

Gefrot si Leit mat Niveau C1 am Lëtzeburgergesch an am Franséischen. Esou steet et emol am Gesetz. Mä wat heescht dat konkret? Een, deen eng Première huet, huet deen automatesch en C1, och wann en zum Beispill Franséisch iwwer Jore kompenséiert huet? D'Madamm Delvaux hat 2006 op de Premieren een Test gemaach, fir ze kucken: Wéi een Niveau hunn eis Premiëresschüler dann am Franséischen? D'Resultat: Knapp 20% hunn den Niveau C1 erreecht.

Duerfir meng Fro: Wou sollen d'Crèche an d'Maison-relais dann elo Educateure mat C1-Niveau am Franséische siche goen,...

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- D'lescht Woch wollt Der den Niveau nach erofsetzen!

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- ... wann der esou wéineg an eise Schoulen erauskommen, déi dës Konditiounen erfëllen?

Mir hu guer net gesot, dass mer den Niveau wëilten erofsetzen. Mir hu just gesot: Mir wëlle verschidden Niveaue offéieren.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Mir wollten en iwwerhaupt net erofsetzen! Mir haten och zweemol den Niveau C1 gefrot...

(Interruption par M. Claude Meisch)

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Also meng Fro ass, Här Meisch: Hunn...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Wann ech gelift! D'Madamm Hetto huet d'Wuert.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Meng Fro...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Wollt Der eng Fro un de Minister stellen oder wéi?

(Hilarité)

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Ma ech stelle meng Fro un de Minister. Déi ass a mengem Text mat dran: Wou sollen d'Crèche an d'Maison-relais dann elo Educateure mat C1-Niveau am Franséische siche goen, wann der esou wéineg an eise Schoulen erauskommen, déi déi Konditiounen erfëllen?

A wat geschitt, wann d'Personal bei aller Méi keng Leit fënn, déi deene Sproochekritären entsprechen? Wéi wäerten déi Agents régionaux an deenen ënnerschiddleche Géigende vum Land d'Haiser bewäerten? Hu si do eng gemeinsaam Linn, fir déi Kontrollen ze maachen? Hu si kloer Kritären? Wéi wäerten déi franséischsproocheg Crèche domadder ëmgoen? Fanne si Lëtzeburgergesch Educateure mat C1-Niveau, déi se da wëllen an hir franséischsproocheg Equippen integréieren?

Fazit Nummer néng: Dëst Gesetz baut ee groussen Drock op par rapport zu de Crèche an de Maison-relais a stellt dës Haiser viru grëisser organisatoresch Erausforderungen, déi trotz guddem Wëllen net onbedéngt ze bewältege sinn.



ler ech zur Konklusioun kommen, och nach e Wuert zum Precoce, deem seng eigentlech Aufgab et jo zanter der Aféierung ass, d’Kanner mam Lëtzebuergeschen ze familiariséieren an hinnen och ze hëllefen, déi néideg sozial Kompetenzen ze kréien. Am Precoce, esou huet den Här Baum et och gesot, gëtt elo schonn an anere Sprooch gesongen, gebabbelt, Reimer gi gemaach.

Hätt een also net besser gehat, Här Minister, do unzesetzen a mat neiem Material, wat iwwergens vun de Leit vum Terrain gefuerdert gëtt, fir do ze hëllefen, d’Kanner nach besser op eise Schousystem ze preparéieren? Hätt een net besser gehat, derfir ze suergen, dass all Kand eng Plaz am Precoce huet?

Dir hutt mer selwer an enger Question parlementaire geäntwert, dass de Service d’éducation et d’accueil vun de Maison-relais keng parallell Offer zum Precoce ass, well de Precoce zur formaler an dat anert zur nonformaler Education gëif gehéieren. Deemno ass de Precoce ee ganz wichtegt Joer am Liewe vun engem Kand. Hätt een also net besser gehat, emol do unzesetzen, amplaz elo hinzugeen an erëm nach eppes Neies virdrunzesetze fir Kanner ab engem Joer, also fir Kanner, déi grad emol just kënne lafen an déi just éischt Lauter kënne produzéieren.

An aus alle genannten Ursaache wäerte mir als CSV dëst Gesetz net stëmmen. D’CSV hält sech gewënscht, dass ee sech heifir vill méi Zäit geholl hätt. Pilotprojeten: Jo, awer iwwer eng länger Zäit. Zousätzlech eng Begleedung mat Fachleit vun der Uni. Dorausser Konklusiounen zéien an dann iwwergräifend ubidden, wann dann d’Resultat eng reell Plus-value gëif confirméieren. An dat gëif sech jo érischt fréistens am Cycle 2 / Cycle 3 weisen.

De Minister seet, am fréien Alter wier e Kand am rezeptivsten, fir vill Sproochen ze léieren. Dat mag sinn. Et ass awer duerno och net ze spéit, well mir alleguer heibannen hunn et jo och hikritt. Et muss een näämlech och wëssen, an dobäi beruffen ech mech och op wëssenschaftlech Aussoe vun zum Beispill dem Schwäizer Pädagog Remo Largo, dee virdru warnt, d’Kanner ze vill ze féideren, well een domadder riskéiert, genee de Géigendeel ze bewierken.

Wat brauche Kanner? D’Kanner brauchen Zäit, fir ze spillen, Rou, Léift, Opmierksamkeet, fir sech kënne weiderzëntwéckelen. Mir sollten derfir suergen, dass dat souwuel doheem wéi och an de Crèche a Maison-relais ka garantéiert ginn. Dat, wat elo hei de Mëtteg soll gestëmmt ginn, dat brauchen d’Kanner net.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci der Madamm Hetto. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleginnen a Kollegen, wéi ech mech de leschte Mëttwoch op meng Rapporteursried zu der Lycéesreform virbereet hunn, hunn ech natierlech och mat vill Opmierksamkeet den RTL-Reportage iwwert der CSV hir Pressekonferenz nogelauschtert.

(**Brouhaha**)

Et war eng gutt Preparatioun.

Souwäit zu der gudder Nouvelle. Wann ech dann awer haut d’Verriederinnen vun der CSV héieren, da muss ech Iech soen: Dann ass dat awer e bësse verwirrend par rapport zu der Linn vun der leschter Woch.

(**Brouhaha**)

Am Kontext vun der Sproochenoffer huet et d’lescht Woch geheescht - lauschtert gutt no! -, de Ministère misst seng Verantwortung iwwerhuelen. Et misst een iwwerall am Land...

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Am Lycée!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - ...eng vergläichbar Offer schafen. De Ministère misst wëssen, wat a puncto Sprooch wou ugebuede gëtt. Ze vill Duerjernee wär net gutt, et gëif soss e Wirrwarr ginn.

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Très bien!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - An - passt gutt opl - virun allem kéint ee soss keng Chancégerechtegkeet uechtert d’Land garantéieren. Souwäit fir déi, déi et nach net gesinn hunn, d’Madamm Hansen...

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - ...am Lycée!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - ..de 5. Juli op RTL.

Léif Kolleginnen a Kollegen, bei deem heite Projet geet et ëm näischt aneres wéi ëm Chancëgläichheet, ëm besser Startchancen an

eisem Schoulsystem, an dat fir alleguerten d’Kanner, onofhängeg vun der Mamme-sprooch oder der finanzieller Familijsituatioun.

Mir schafen heimat eng Qualitéitsoffer, déi u streng Kritäre gebonnen ass, déi d’Kanner soll op eng spilleresch a kandgerecht Aart a Weis op eis méisproocheg Schoul, op eis Gesellschaft virbereeden. D’DP wëllt keng Schoul, déi sproochlech a sozial Differenze verstärkt. Mir hunn eis ëmmer derfir staark gemaach, datt all Kand déi näämlech Chancë kritt, an eiser Schoul ze reusséieren. Kee soll vu virera beno-deelegt ginn.

Fir d’DP soll eis Schoul erëm zu engem soziale Lift ginn. Ee Lift, deen och schonn eis Klengst mat erop soll huelen. Ee Lift, dee kee soll wéinst ënnerschiddleche Mammesproochen oder sozialen Hannergrënn am Keller hänke loosse. Mir wëllen eng Schoul, déi integréiert an net separéiert. Dofir ass dës Qualitéitsoffer vun enger Kannerbetreuer net nëmme méisproocheg, mä wärend 20 Stonnen an der Woch och nach gratis.

Madamm Presidentin, de Rapporteur, de Kolleeg Gilles Baum, ass schonn ausféierlech op déi verschidde Punkte vun dësem Projet de loi agaang. Ech wëllt a menger Interventioun awer nach fir d’DP e puer wichteg Saache kloerstellen.

Éischstens, firwat gëtt esou e grouss Wäert op eng méisproocheg Kannerbetreuer geluecht? Ma well mer de Realitéit vun eiser méisproocheger Gesellschaft Rechnung droen. D’Schoulen hunn déi grouss Verantwortung, Kanner mat verschidde Mammesproochen an Hierkënn zesummenzeféieren.

D’Heterogenitéit vun de Kanner ass eppes, wat eis auszeechent, eis Gesellschaft staark mécht. Gläichzäitig ass dës Heterogenitéit nun emol awer och Ursprung vun enger ganzer Partie vun Erausforderungen. Besonnesch déi sproochlech Barrière bereede ganz ville Schüler hautdesdaags Schwierigkeeten.

Ech soen Iech och näischt Neits, wann ech soen, dass dës Schwierigkeeten och heiansdo riskéieren, an Zweifel oder souguer an Ängshten eriwuerzegoen, déi verschidde Schüler bis an d’Beruffsliewe begleeden an hinne esou munche Steen an de Wee leeë kënnen.

Oft verspiere francofon Schüler sproochlech Schwierigkeete beim Däitschen an am Lëtzebuergeschen, a lëtzebuergesch Kanner di sech iwwerdeems mam Franséische méi schwéier. Dee Constat ass net nei, huet sech awer an de leschte Joren nach eng kéier méi verstärkt.

Haut hu praktesch d’Halschent vun eise Kanner e Migrationshannergrond. 2003 war dat just en Drëttel. D’Fro ass, wéi mir dorobber reagéieren, ob mer esou weiderfuere wéi bis elo, oder ob mir de Courage an de Grapp huelen, fir nei Weeër ze goen an de Kanner hir sproochlech Differenze esou séier wéi méiglech probéieren auszegläichen.

Ech si selwer Enseignant an ech kann Iech versécheren: Wann d’Schüler bis emol richteg d’Flemm oder de Latz mat enger Sprooch hunn, dann ass et immens schwéier, hinnen nach eng kéier de Goût an d’Loscht un enger Sprooch erëmzeginn. Dofir setze mer mat der méisproocheger Kannerbetreuer méi fréi un. An enger Zäit, wou d’Kanner tëschent eent a véier souwisou op grousser Entdeckungsrees sinn an alles opsaugen, quasi wéi e Schwamm, gëtt dovunner profitéiert, fir se spilleresch a kandgerecht un déi lëtzebuergesch an och franséisch Sprooch erunzeféieren.

Et ass dowéinst och falsch ze behaapten, eis Jéngst géifen elo ufänken an de Crèche mat Sproochen „léieren“. Neen! Si entdecke se. Si entdecke se vum selwen...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Duerch kleng Lidder, Kuerzgeschichten, Rollespiller entwéckelen d’Kanner e Gespür an en Ouer fir dës Sproochen an hire Virwëtz gëtt ugeregert. D’Freed an d’Loscht um Entdecke vun de Sprooch solle bei de Kanner am Mëttelpunkt stoen. Dëst, wéi gesot, souwuel wat déi lëtzebuergesch wéi och déi franséisch Sprooch ugeet.

Madamm Presidentin, allgemeng stellt ee fest, wann een am Gespréich mat de Leit ass, dass d’Aféiere vun der franséischer Sprooch an de Crèche fir vill méi Gespréich suert wéi déi lëtzebuergesch Sprooch. Fir vill Leit schéngt et evident ze sinn, dass an de Crèche Lëtzebuergesch geschwat gëtt. Als eis Landesprooch an Haaptintegratiounssprooch kéint een dat jo vläicht och mengen. Dat ass awer net esou. Hei hu mir näämlech genau dee Wirrwarr, deen d’Madamm Hansen d’lescht Woch op der Tëlee ugeschwat huet. A ville Crèche gëtt souguer kee Wuert - kee Wuert! - Lëtzebuergesch geschwat. Mam Programm vun der méisproocheger Kannerbetreuer ännere mir dat elo.

Ech fannen dat wichteg ze ënnersträichen, well d’Aféiere vun der Lëtzebuergescher Sprooch oft am Gespréich ze kuerz kënnt. Mat der méisproocheger Kannerbetreuer kënnt Lëtzebuergesch also a Crèche, wou bis elo just Franséisch geschwat gouf!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - D’Regierung stäerkt also ganz kloer déi lëtzebuergesch Sprooch als Haaptintegratiounssprooch vun eisem Land. Dëst mécht et ville Kanner, besonnesch mat frankofonen Hannergrënn, duerno méi einfach, sech an eiser Gesellschaft op Lëtzebuergesch ze integréieren an och am Cycle 2 dann an der Schoul op Däitsch liesen an och schreiwen ze léieren.

Zum Franséischen: Vill Leit soe mir, déi franséisch Sprooch gëif hinne schwéierfalen. Si géife sech net trauen, Franséisch ze schwätzen. Si wëilten dat net onbedéngt. Si hätten oft Hemmungen, si hätten Ängscht, Feeler ze maachen. Déi Ängscht, déi soll an Zukunft guer net opkommen. D’Kanner solle guer keng Zäit méi hunn, esou Sproochbarriären ze entwéckelen. Si solle méi ongezongen un déi franséisch Sprooch erugefouert ginn a se mat Loscht a Freed entdecken.

Dass dëst op alle Fall eng immens grouss Chance fir d’Kanner, déi domadder méisproocheg erzu ginn, déi méisproocheg erliewen, dass dat eng immens grouss Chance ass, dat steet fir d’DP ausser Fro!

Madamm Presidentin, ech kommen awer och net derlaanscht, op déi virgehäiten „wëssenschaftlech Konzeptlosegkeet“ vun dësem Programm anzugeen. Et gëtt souguer vun „Experimenter“ geschwat. An deem Kontext begrëissen ech et als Éischt emol,...

(**Brouhaha et interruptions**)

► **Une voix.** - Dës kéier net.

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Keng Panik.

► **Une voix.** - Dës kéier net.

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Et gouf scho ganz oft vun Experimenter geschwat, an ech bleiwen dann och emol bei deem Wuert!

(**Interruption**)

Et gouf souguer scho vun...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Wann ech gelift, den Här Lamberty huet eleng d’Wuert!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - ...Experimenter geschwat.

(**Brouhaha**)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Här Lamberty!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Jo. Also, et gouf scho vun Experimenter geschwat. An deem Kontext begrëissen ech et awer als Éischt emol, dass d’CSV sech wëllt ganz staark op d’Wëssenschaft beruffen.

Wann ech näämlech kucken, wéi e Sproochekonzept aktuell an de Crèche ugebuede gëtt - wou et am Fond méi dem Zoufall iwwerlooss gëtt, wie mat wéi enge Sproochen a Kontakt kënnt -, da war dat net ëmmer de Fall! Et gëif mech näämlech staark wonneren, wann et eng op Lëtzebuerg baséiert Etüd gëif ginn, déi den aktuelle Wirrwarr gëif guttheeschen.

(**Interruption**)

Da kann ech mech och nach gutt un de leschte Samschdeg Mëtteg erënneren, wou nieft dem Minister Claude Meisch, der Madamm Hetto och d’Madamm Hu invitéiert war, déi Professer op der Uni.lu ass an déi zu genau deenen Theme fuerscht: Plurilinguismus a plurilingual Erzéiung. Hir Konklusioun: Et kéint ee roueg e gutt Gewëssen hunn, wann d’Kanner schonn a fréiem Alter spilleresch u méi Sproochen erugefouert ginn. Do dernieft huet de Minister Claude Meisch en Dokument an der Chamber deposéiert, dat sech mat wëssenschaftleche Referenzen auserneesetzt.

(**Interruption**)

Well dat awer anscheinend d’CSV nach ëmmer net iwwerzeegt, hunn ech elo nach en Dokument matbuecht. An ech mengen, Dir hutt et schonn alleguerten haut gesinn.

(**M. Claude Lamberty montre une brochure à l’audience.**)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Déi, déi et nach net gesinn hunn, ech ginn et gären herno eng kéier ronderëm.

(**Interruption et hilarité**)

Et ass op alle Fall...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Sou, wann ech gelift e bësse Rou!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Et ass en Dokument...

(**Brouhaha**)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Här Lamberty, fuert virun, wann ech gelift!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Madamm Presidentin, ech loosse mech net aus der Rou bréngen.

(**Interruptions**)

Also dat Dokument befaasst sech mat „Méisproochegkeet ass eng Chance“ an an deem Dokument hu mer unerkannte Wëssenschaftler an Experten an der Sproochesituatioun, déi Zitat dragesat hunn. Ech liesen Iech der e puer vir. D’Madamm Hélot vun der Universitéit vu Stroossbuerg: «Le programme d’éducation plurilingue au Luxembourg est vraiment très intéressant. Il crée un espace de possibilités et d’innovation pédagogique.»

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - Also „intéressant“ ass nach kee wëssenschaftleche Beweis!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Dann hu mer vun der Uni Köln: „Kinder erwerben ihre Sprachen nicht additiv und nebeneinander, sondern dynamisch und komplementär. Sie entwerfen sprachenübergreifende Praktiken, wie auch das Phänomen der Sprachmischung zeigt.“

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - Ass dat Är wëssenschaftlech Etüd, déi Sätz do?

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Oder nach en drëtt: „Zweisprachige Kinder verstehen mehr Wörter...”

► **Une voix.** - Extraiten aus Etüden...

► **M. Claude Lamberty** (DP). - ...als gleichaltrige einsprachige Kinder.“ Universität von Erfurt.

Wéi gesot, ech liese se elo net alleguer vir,...

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - Dass Der all wësst: Et ass eng grouss wëssenschaftlech Etüd, wat Der do virgelies hutt!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - ...well et ass och keng Zäit, mä ech ginn dat awer ganz gären ronderëm, well...

► **M. Max Hahn** (DP). - Et sinn Extraiten aus den Etüden...

► **M. Claude Lamberty** (DP). - ...ech sinn zimlech iwwerzeegt, dass jiddwereen...

► **M. Eugène Berger** (DP). - Mir hunn dat scho virun 30 Joer um ISERP esou geléiert!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - ...dodran eng flott Lektür wäert fannen.

Madamm Presidentin, ech kommen zu mengem zweete Punkt, deem iwwert d’Gratuitéit vun der Kannerbetreuer. De Programm vun der méisproocheger Erzéiung gesäit eng gratis Betreuer vun 20 Stonnen d’Woch 46 Wochen am Joer fir all Kand vir. Dat ass eng substanzuell Entlaaschtung, déi villen Elteren hei am Land wäert zeguttkommen. Firwat mécht d’Regierung dat? Ma well de méisproocheger Programm als eng Virbereedung op de Lëtzebuergeschen Schoulsystem ze gesinn ass.

Ech si jo scho virdun op déi verschidde sproochlech Problemer agaang an hunn och gesot, zu wat dat hei am schlemmste Fall kéint féieren. Wann een also dës Kannerbetreuer als Virbereedung op eng gratis éffentlech Schoul gesäit, dann ass et novollzéierbar, dass och all Kand vun enger gratis Virbereedung dorobber soll kënne profitéieren, an dëst eben onofhängeg dovun, aus wéi engem Elterenhaus ee Kand kënnt.

Eng aner Approche wier näischt aneres wéi eng Diskriminéierung, ausser natierlech, et wier een der Meenung, dass och déi éffentlech Schoul net méi soll fir jiddweree gratis sinn. Dat gëif mat eis op alle Fall net a Fro kommen!

Madamm Presidentin, d’DP setzt sech zudeem fir eng Politik an, déi de gesellschaftleche Realitéiten entsprécht an déi de Leit do wëllt entgéintkommen, wou et néideg ass. D’Kannerbetreuer ass esou e Fall. Et ginn ëmmer méi Stéit, wou déi zwee Elterendeeler wëllen oder musse schaffe goen. D’Familljebiller hu sech geännert, a Gott sei Dank hu se sech geännert! Et ass net méi esou, dass eleng de Papp schaffe geet an d’Mamm eleng derfir zoustänneg ass, sech ëm d’Erzéiung vun de Kanner ze këmmen. Mir sinn an enger moderner Gesellschaft ukomm, wou et déi klassesch Rolleverdeeler eben net méi gëtt. Déi zwee Elterendeeler sollen d’Méiglechkeet hunn, schaffen ze goen a Carrière ze maachen. Och dat begréisst d’DP,



déi sech ëmmer fir d'Gläichstellung tëschent Mann a Fra agesat huet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Lamberty (DP).** - Wann ech soen: „Déi zwee Elterendeeler sollen de Choix hunn, schaffen ze goen“, dann ass et awer och eng Tatsaach, dass ëmmer manner Stéit et sech leeschte kënnen, net zu zwee schaffen ze goen. A wann een dann net d'Chance huet, eng Tatta, eng Bomi, e Bopi, eng Nopesch ze hunn an dorop zrëckzegräifen, jo, da steet een do! Vergiesse mer och déi elengerzéiend Elteren net. Grad si sinn et nach méi, déi op eng Deelzäitbetreierung vun hire Kanner ugewise sinn. Si se eng Kéier verhënnert, musse se eng Kéier kuerzfristeg een op der Aarbecht ersetzen oder gi se eng Kéier kuerzfristeg krank, jo, da bleift of näischt aneres iwwreg, wéi an eng Crèche ze goen.

Genau do komme mer de Familljen entgéint: Dës Regierung mécht d'Kannerbetreierung net nëmmen duerch kloer definéiert Qualitéitskriteräer besser, si mécht se och nach gratis!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Lamberty (DP).** - Madamm Presidentin, déi gréisst Oppositionspartei gesäit dat anescht. Dat muss ee kloer an däitlech soen. D'CSV huet eng aner Vue op d'Realitéit, denkt weiderhin net an der aktueller Rolleverdeelung tëschent Mann a Fra. Dat ass net nëmme schued, mä virun allem awer och verwonnerlech, well et war dach den deemolege Premierminister Jean-Claude Juncker, deem 2008 fir eng gratis Kannerbetreierung agegrueuden ass.

(Interruptions)

Am d'CSV-Wahlprogramm vun 2009...

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Wann ech gelift!

► **M. Claude Lamberty (DP).** - ...steet dat och,...

(Coups de cloche de la présidence)

...dass d'Kannerbetreierung - lauschtert gutt no! -, dass d'Kannerbetreierung bis spëtstens 2015 ëmgasat géif ginn. Mir haten dat iwwreges och drastoen.

► **Une voix.** - Vive den Här Juncker!

► **M. Claude Lamberty (DP).** - Madamm Presidentin, fir d'DP ass elo den Zäitpunkt komm, e Kader ze schafen, deem den Erausfuenderunge vun haut fir d'Familljen entsprécht. Dofir stëmme mir dat Gesetz. An ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Lamberty. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Merci, Madamm Presidentin. Ech denken - an dat kënnt aus deenen Debatten hei an der Chamber ervir, déi mer an deene leschte Méint schonn haten: Interpellatiounen iwwer Multilinguisme, dann d'Educatioun, wéi mer déi opbauen am Plurilinguisme, wéi mer mat der Sprochevillfalt hei am Land ëmginn -, et gëtt diskutéiert an datt verschidde Parteien, verschidden Akteuren zu verschiddene Konklusione kommen, ass iwwerall de bonne guerre. Ech denke just, mir sollten dat Ganzt hei och kucken, wat d'Sprochevillfalt ubelaangt, am Interêt vun eiser Educatioun an och am Interêt vun der Ausbildung vun eise Kanner.

Dofir hu mer och net méi spéit wéi d'lescht Woch hei an der Chamber iwwert d'Sproche-problematik zu Lëtzebuerg, an zwar am Kader vun der Lycéesreform, diskutéiert. An ech géif soen, mir waren eis alleguerten eens, datt de Multilinguisme eng Chance fir Lëtzebuerg ass, déi net vill Länner hunn. Doduerch, datt mer zu Lëtzebuerg nieft eiser Mammesprooch och nach Däitsch a Franséisch schwätzen, an Englesch kënnt ëmmer méi derbäi, ass et eis net nëmme gelongen, wirtschaftlech ze wuessen, mä virun allem ass et eis gelongen, zu enger oppener a multikultureller Gesellschaft zesummenzewuessen. Dora läit d'Essenz vun eisem Succès als klengt Land matzen an Europa. An dofir gi mer och vu villen europäesche Länner beneit.

Kolleginnen, Kollegen, haut liewen hei am Land Leit zesumme mat ronn 100 verschiddenen Natiounen an dat, och wann et natierlech gewëssen Erausfuenderunge mat sech bréngt, kann een awer constatéieren, datt dat an enger gewëssener Harmonie ass. An net enger allze laanger Zäit, an ech schwätzen hei och nëmme vun e puer Joer, do wunnen hei zu Lëtzebuerg

méi Netlëtzebuerger, méi Auslänner wéi Lëtzebuerger. Haut schaffe schonn hei am Land méi Auslänner hei wéi national Residenten.

Mir wëllen natierlech, datt déi Leit sech esou gutt wéi méiglech bei eis integréieren. De beschte Wee, fir sech ze integréieren, ass eiser Iwwerzeugung als LSAP no, wann déi auslännesch Kanner déi ëffentlech Schoule vum Land besichen. En Immigratiounshannergrond dierf op kee Fall zu enger schoulescher Diskriminatioun féieren. Ech denken, och do si mer eis alleguerten eens. Dofir setze mir als LSAP weider op Innovatioun a Qualitéit am Lëtzebuerger Schoulsystem. Bei de Sproocher brauche mer dofir eng differenziéiert Approche, fir dës Erausfuenderungen, dës Challengegen ze meeschteren.

Et ass fir eis als LSAP ganz wichteg, datt mer dat, wat mer an der Schoul enseignéieren, siefen et Sproochen oder aner Fächer, wëssenschaftlech begleeten. D'Recherche am Beräich vun der Méisproochegkeet muss eis hëllefen, déi beschtméiglech Choixen fir eis Schoul ze treffen, eis pädagogesch Methoden ze liwweren an een A dorobber ze behalen, wat Friichten dréit a wat net. An do ass och de Rôle vun der Politik gefrot, fir déi Konklusione ze droen. Dëst wäert an Zukunft am Enseignement an an der Educatioun ëmmer méi eng verstärkt Flexibilitéit an Upassung u gesellschaftlech, sozial a wirtschaftlech Realitéite verlaangen.

Mir begreifen an deem Sënn d'Initiativ vum Educatiounsminister, fir schonn am Precoce d'Kanner fréizäiteg mat der Lëtzebuerger an der franséischer Sprooch ze familiariséieren. Mir verstärken doduerch op där enger Säit Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch an op där anerer Säit féiere mir e spilleresche Kontakt - et ass schonn e puermol hei gesot ginn - mam Franséischen an, wat de Kanner am fräien Alter e Kennelëiere vum Franséische spéider am Fundamental méi einfach wäert maachen.

Méi Franséisch, Kolleginnen a Kollegen, bedeit net manner Lëtzebuergesch. Andeems mir haut hoffentlech dës plurilinguale Kader fir d'Kanner tëschent engem a véier Joer aféieren, verbessere mer d'Integratiounschance vun eisen auslännesche Matbierger an engems, wou mir och eis Kanner schonn op d'Leiere vun deenen dräi offizielle Sproocher vum Land wäerte preparéieren.

Madamm Presidentin, mir wëllen als LSAP, datt all déi Jonk eng qualitativ Educatioun hei am Land kréien an datt se am beschte virbereet ginn op déi méi héich Studien, déi d'Leit awer alleguerte maachen. D'Chancëgläichheet garantéieren gehéiert zu de wesentleche Missionen, déi eis ëffentlech Schoul erfëlle muss.

Jonk Kanner, an dat ass schonn e puermol ugeschwat ginn, léieren d'Sproocher relativ einfach. Do ginn et verschidden Etüden, déi och kontrovers diskutéiert ginn, mat deenen ee sech muss auseneesetzen. Mä wann een am grouse Ganze kuckt, dann ass et awer virun allem esou, datt verschidden Experte soen - anerer soen de Contraire, mä och e Gros vun deene seet -, datt et méi einfach ass, wann d'Kanner zu Lëtzebuerg an der Schoul déi verschidde Sproocher kënnen op eng spilleresch Aart a Weis zesumme kennelëieren, an datt dann och déi, déi vun doheem aus nëmmen zwou Sproocher schwätzen an zum Beispill kee Lëtzebuergesch hunn, och déi Chancen hunn.

No kuerzer Zäit léiere si dann, zum Beispill wa se net där Lëtzebuerger Sprooch mächtg sinn, ganz einfach, well d'Kommunikatiounssprooch tëschent de Kanner d'lëtzebuergesch Sprooch ass. Ech perséinlech maachen déi Erfahrung, wann ech an där Stad, wou ech hierkommen, Dikrech, elo alleguerten déi Kanner, déi vun de Refugié kommen, an d'Classe-d'accueil huelen, an d'Classe-étatiquen huelen. Da mierkt een no enger gewëssener Zäit, datt déi Kanner déi verschidde Sproochen unhuelen, och op Lëtzebuergesch sech probéieren auszedecken, an datt dat natierlech och zesumme mat deenen anere Kanner ka ganz benefique sinn, well do eng Integratioun kënnt. An déi Integratioun, déi spillt sech net nëmme bei de Kanner of, mä déi spillt sech an deem Sënn och of bei den Elteren, déi se mat begleeten.

Et ass also ganz wichteg ze betounen, an dat hu schonn d'Virriedner, mengen ech, in extenso hei gemaach, datt mer dat op eng spilleresch Aart a Weis wäerte maachen. De Ministère huet eng ganz informativ Internetsäit gehollef maachen: enfancejeunesse.lu, wou ganz konkret Beispiller ze fanne sinn. Och dat ass vun de Virriedner hei schonn ugeschwat ginn. Theater, Spiller gi gemaach, wou ee sech och mat der Sprooch beschäftegt, wou unhand vu Poppentheater oder anere Geschichter kann un déi Sprooch erugeféiert ginn an een déi och kann entdecken. Oder zum Beispill gëtt och nach gekuckt, fir ganz einfach unhand vum lessen, wat d'Kanner kréien, och do déi verschidde Sprochevillfalt mat kënnen ze entdecken.

D'Pilotprojeten, déi 2016 lancéiert gi sinn, hunn op jidde Fall, an dat muss ech awer hei trotzdem soen, ganz positiv Erfahrung gemaach. Elo kann ee soen: „Pilotprojete muss ee méi wäit dreiwien. Et muss een och d'Konklusione dann in extenso analyséieren.“ Dat ass richtig, dat kann een ëmmer behaupten, mä Fakt ass och, datt een och eng Kéier muss Decisiounen huelen, fir vläicht an dee Projet weider ze investéieren an deen dann och esou unzebidden.

Fir d'Kanner, wéi gesot, spilleresch, op eng lacker Aart a Weis mat deenen zwou Sproochen ze familiariséieren, féiere mer mat deem Gesetz och de Référent pédagogique an, deen dat sproochlech Konzept vun de Crèche kontrolléiert a begleet. Fir dat ze kënnen, ginn deene Concernéierten déi néideg Formatiounen ugebueden. D'Crèche mussen e Profill opstellen a Personal astellen oder forméieren, dat déi néideg Qualifikatioun huet, am Lëtzebuergesch an am Franséischen.

Wann d'Crèche all déi Konditiounen erfëllen, da kënnen se och vum Finanzement vum Stat am Kader vun der gratis Betreierung profitéieren. Ech ginn elo hei och net méi am Detail dorobber an, dat ass och scho virdu gesot ginn. Ech wollt awer nach zwou Saachen an deem Kontext soen:

Dat Éischt ass, datt mir als Sozialistesche Partei begreifen, datt de Kanner eng gratis ëffentlech Bildung ugebuede gëtt, déi jiddwerengem déiselwecht Chancë gëtt. D'Crèche bidden hei en ëffentlechen Déngscht un an als Géigeleeschung gi si och dofir bezuelt, wéi gesot awer nëmmen an engem virgezeechente Kader, dee strikt muss a soll respektéiert ginn.

An deem Kontext wollt ech awer och nach soen, Madamm Presidentin, datt ech e bësse verwonnert sinn, datt d'CSV, déi esou e Modell verdeedegt huet an ëmmer fir eng gratis Betreierung, op jidde Fall menges Wëssens, agegrueden ass, wann et dann esou wäit ass, trotzdem dat Gesetz iwwert d'gratis Betreierung hei net wäert matstëmmen. Dat fannen ech e bësse komesch!

(Interruptions)

E leschte Punkt, Madamm Presidentin: An deemselwechte Kontext, nieft der gratis Betreierung, déi jo awer trotzdem och deene méi sozial schwache Menagen zeguttkënn, verbessere mer d'Offer vun de Chèque-services nach weider, dat andeems mer gratis Stonne fir déi Stéit mat méi klengem Akommes aféieren. Och hei kann ech mech nëmme wonneren, datt d'CSV net fir eng Verbesserung vun esou engem System matstëmmen wëllt, well dat jo awer e System ass, deen ënner enger fréierer CSV-Familljeministesche agefouert an ëmgasat ginn ass.

(Interruption)

Mir mengen dat op jidde Fall net, datt mer dat esou solle maachen, a mir begreifen déi Verbesserungen, déi mat deem Gesetz kommen.

Un éischter Plaz begrësse mer dee wichtige Schratt, dee mer hei maachen a Richtung vun enger méi qualitativer an de Realitéiten ugepasser Bildung am net formelle Beräich fir kleng Kanner tëschent engem a véier Joer.

Da begrësse mer natierlech d'gratis Betreierung. D'Gratuitéit vun den ëffentleche Schoule soll fir eis d'Regel sinn. Nëmme esou garantéiere mir, datt jiddweree Plaz féint am sougenannten „ascenseur social“.

Mir ginn och den Elteren heimadder d'Méiglechkeet, hiert professionellt a Privatliwien openeenofzestëmmen, a virun allem Fraen oder Monoparentale kréien et doduerch méi einfach gemaach, schaffen ze goen, wa se dat dann och wëllen.

Dat Ganzt - et ass ugeklongen - kascht och eppes. Dat ass e puermol hei erwänt ginn. Mir menge jiddefalls, datt déi Sue gutt investéiert sinn, well se an d'Zukunft vun eise Kanner wäerten investéiert ginn.

Madamm Presidentin, mat engem Merci un de Rapporteur fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport ginn ech heimadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Claude Haagen. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Madamm Presidentin. Mam Projet de loi, dee mer haut de Mëtten debattéieren, änneren mer engersäits d'Gesetz vum 4. Juli 2008 iwwert d'Jeunesse an anerersäits awer och d'Gesetz vum 18. März 2013 iwwert den Émgang mat de Schülerdaten. An ech wollt och fir d'Éischt e puer Wuert iwwert den Émgang mat de Schülerdate verléieren.

Et ass natierlech och ee wichtegen Deel vum Gesetz, et ass awer dee bei deem Gesetz méi einfachen a méi iwwersichtlechen an och deemanner ëmstriddenen. Mir hunn et hei, wéi esou oft, mat engem Akt, dem Zougrëff op perséinlech Daten ze dinne, wou mer mussen d'Balance halen. D'Balance tëschent engersäits dem fundamentale Recht op de Respekt vu jiddwerengem sengem Privatliwien an anerersäits de legitimen Interesse vun enger Administratioun, fir kënnen hir Aarbecht ze maachen.

D'Commission nationale pour la protection des données hat hiren Avis ofginn. Et war iwwregens deen éischten Avis, deen zu deem Gesetz erakomm ass. An d'CNPD hat e puer punktuell Kriticken, virun allem beim aktuellen Artikel 8 vum Gesetz, wou se gefrot huet, fir nach méi präzis ze formuléieren, wien an aus wéi enge Grënn Zougrëff op dës Daten hätt. D'Kommissioun ass dës Suggestiounen nokomm an aus eiser Siicht ass d'Wo vun dem perséinlechen Datschutz an de legitimen Interesse vun der Administratioun am Equilibre.

Mir brauchen natierlech eng Rei Informatiounen iwwer eis Kanner, eis Schüler, fir kënnen déi Mesuren ze ergräifen, déi mer mat deem Gesetz wëllen uwennen. An domat kommen ech dann zu den eigentleche Mesuren an zu der Philosophie vun deem Gesetz.

Am Exposé des motifs geet et emol fir d'Éischt extensiv ëm d'Meisproochegkeet an eise Schoulen a Betreuungsstrukturen. Madamm Presidentin, mir hu festgestallt: D'Meenunge ginn auseeneen. Et gëtt, muss ech soen, schonn eng Rei Sätz, déi ee scho bal net méi kann héieren an där Debatt. D'Zesummesetzung vun eiser Gesellschaft ass heterogen, besonnesch och, wat déi geschwate Sproochen hei am Land ugeet. Natierlech, mer brauchen nëmme virun d'Dier ze goen, mer héieren all Dag verschidden a vill Sproochen hei am Land.

Mir hunn dräi offiziell Sproochen an dovunner ass eng och nach d'national Sprooch. Mir sinn eis souguer eens, dat och an eis nei Verfassung ze schreiwen. Mer wësse just nach net, wéini datt mer dann déi nei Verfassung schreiwen.

D'englesch Sprooch gëtt ëmmer méi wichteg. Esou wichtig, datt mer d'lescht Woch nach hei eng Motioun vun der gréisster Oppositionspartei haten, fir ouni Diskussioun mat de Schoulpartner, ouni och nëmmen déi allgeréngsten Expertise iwwert den Istzustand vun den englesche Sproochekenntnisse, d'Englesch op all Klass op Septième anzeféieren. Mir hunn déi Motioun ofgeleent. An ech mengen och, et war net fir d'Éischt, datt esou eng Motioun do war. Do bräichte mer och Etüden, ier mer esou eppes géifen decidéieren.

An natierlech fanne mer alleguerten d'Lëtzebuerger Sprooch wichteg a wëllen déi förderen, wou et nëmme geet. Zum Beispill d'Conférence nationale des élèves du Luxembourg, déi hat niewent enger ganzer Rei anere Bättrëg am Kader vun der Lycéesreform gefrot, fir op Septième, Sixième a Cinquième och Lëtzebuergesch enseignéiert ze kréien. Si haten awer och gemengt, d'Schüler wieren haut mat där viller Matière iwwerfuert. A mir wousten dunn net, ob mer d'Lëtzebuergesch op d'Käschte vum Franséischen, däers mer jo anscheinend net genuch kënnen, oder op d'Käschte vum Engleschen, dat ëmmer méi wichteg gëtt, oder op d'Käschte vum Däitschen, wat souwisou vill ze vill mann an eise Schoule gemaach gëtt, sollten aféieren. Duerfir war ech och net begeeschtert vun där Iddi.

An da gëtt et natierlech och nach Leit heibanen, déi fannen, mer misste méi Russesch an eise Schoule léieren. An ab der Rentrée kann ee Schüler op Sixième am Athénée Chinesesch léieren.

Iwwert déi interessant Pisten, déi d'Euro-paschoule fir eise Sproochenunterrecht bidden, schwätzen ech bal bei all Schoulprojet. Ech hunn dat dann och haut ugeschwat, mä ech ginn awer elo net weider an den Detail, well et geet jo haut net ëm d'Schüler, eis Zilgrupp si jo haut déi Kleng an déi ganz Kleng.

Wéi mer 1998 schrëttweis den Enseignement précoce agefouert haten, war jo och een Zil, d'Kanner sproochlech ze förderen. An ech wëll och ëmmer erëm derbäihänken: Dat war een Zil, och ee wichteg Zil, mä et war net dat eenzeg Zil. Mir wollten och d'Motorik an d'sozial Émgängelechkeet an esou weider mat deem Projet förderen.

Mir haten, fir de Precoce anzeféieren, ënner anerem an de Spillschoule festgestallt, datt mer e Phänomeen vu sougenannten „sprachlose Kanner“ hätten, an déi Zuel géif och zouhuelen. Et ass festgestallt ginn, datt de Phänomeen manner mat Migratiounshannergrond a méi mat sozialem Émfeld ze dinne hat. Nodeems mer 2009 d'Offer vum Precoce obligatoresch fir all Gemeng gemaach haten, ass dës Offer



awer nach ëmmer zimlech ënnerschiddlech pro Gemeng. Mir ginn dervun aus, datt dat sech awer och elo an Zukunft, vläicht och mat dem Impuls vun dësem Gesetz, wäert änneren.

Madamm Presidentin, mir hunn eng Entwécklung zu Lëtzebuerg, déi rasant geet. Mir hunn an deene leschten zéng, zwanzeg Joren esou vill Aarbechtsplaze geschafen, eis Wirtschaft ass esou attraktiv, datt eis Populatioun kräfteg gewuess ass, an zwar duerch d'Migratioun. An dat huet mat sech bruecht, datt mer vill Leit aus ville Länner am Land schaffen a wunnen hunn. A mer hunn awer och wéi all anert westlecht Land eng Rei Phenomeener an eise Land, déi no Solutiounen gefrot hunn an nach ëmmer froen. Jonk Leit, déi hir Schoul ofgeschloss hunn, kucken, onofhängeg vun hirem Geschlecht, fir um Aarbechtsmaart ënnerdaach ze kommen, an dat ass gutt esou. Jonk Leit gi laang an d'Schoul. D'Zäit, wou déi Jonk an der Schoul verbréngen, geet ëmmer méi wäit erop. An et ass logesch, datt ee sech dann och schwéierdeet, wann een eng Kéier de Wee an d'Berufswelt fonnt huet, fir do länger Pausen ze maachen.

An da stellt sech natierlech ëmmer d'Fro, wéi een dann d'Famill an de Beruff ënner een Hutt kritt. D'Politik huet reagiert an de fräie Maart huet och reagiert. D'Crèche si wéi Champignons an dem Buedem geschoss. Bei deene konventionéierten hat de Stat eng Kontrollméiglechkeet. Bis haut sinn et Virschreften iwwert d'Kannerzuel a Metercarré ginn, iwwert d'Personal an iwwert d'Mëttegiessen. Et war iwwerfällg, datt de verantwortleche Ministère sech och eng Kéier ëm den Émgang mat de Sproochen an de Betreuungsstrukture géif bekëmmern. Bis haut war et ganz egal, wéi eng Sprooch an der Crèche geschwat gëtt. Dat huet och derzou gefouert, datt mer a ganz ville Crèchen eng aner Sprooch als éischt Sprooch hu wéi d'Lëtzebuergesch. Mir fannen dat net dramatesch. Eng gutt Kannerbetreuung mat kompetenten an engagéierte Leit ass jo nu wierklech net un d'Lëtzeburger Sprooch gebonnen. An déi Crèche kënnen eigentlech och, wa mer dëst Gesetz gestëmmt hunn, esou weiderschaffe wéi bis elo.

Et schéngt eis awer nëmme legitim an et schéngt eis souguer och eng Flicht vum Stat ze sinn, wann en d'Scolarisation vun eise Kanner am A huet, wann e Betreuungsplaz grousszügig ënnerstëtzt. An dëse Projet huet an eisen Aen zwee Schwéierpunkter: Éischstens, d'Méisproochegkeet ze fërden an zweetens, och eng qualitativ héichwäerteg Kannererzëiung zum Deel gratis unzëbiden.

De Projet këmmert sech ëm eng méisproocheg Erzëiung a setzt ee Kader, wéi dat soll goen. Et freet eis, datt et ëmmer iwwert d'Méisproochegkeet geet. Et gëtt ëmmer d'Wichtigkeet vun de Kanner hirer Mammesprooch betount. Mir fannen dat absolut berechtigt. A wann ech virdru vun de sougenannten „sprachlose kleng Kanner“ geschwat hat, da betrëfft dat grad just d'Defiziter an der Mammesprooch, an et ass egal, ob dat Franséisch, Däitsch, Englesch, Serbokroatesch, Portugisesch oder Lëtzebuergesch ass. An duerfir ass et och ganz wichtig, datt de Programme d'éducation plurilingue dräi Aktiounsfelder huet:

Éischstens, d'Entwécklung vun de Sproochekompetenze vun de Kanner an hirer Betreuungsstruktur. Do versti mir dee ganze professionnelle Volet drënner. D'Éducatrices graduées, d'Educatrices an d'Maatarbechter schaffen ee Plang aus, wéi si dem Eveil aux langues wëllen an hire Strukturen gerecht ginn.

Mir sinn immens frou, datt et schonn zënter 2016 eng Rei Pilotprojete gëtt, wou scho fläisseg an déi Richtung geschafft gëtt. Déi Pilotprojete gi jo och wëssenschaftlech vum SCRIPT begleet, an och dat ass wichtig. Well wann een dat net seriö genuch begleet, da riskéiert een eventuell, d'Nowéien dervun ze spieren.

Virum Schoulgesetz vun 2009 zum Beispill gouf et eng Rei Pilotschoulen, déi ënner anerem mat den neien Evaluationsssystemer wollten Erfahrung sammelen. Déi Aarbechte si leider ni ofgeschloss ginn an ech gesinn och nach déi widderhuel Neifaassung vun de Bulletin am Fondamental als Nowéien dervun, datt do d'Pilotphasen net zu Enn gefouert gi sinn. Kuerz: Mir kréien een nationale Referenzkader fir kleng Kanner am nonformale Bildungsberäich.

En zweete Pilier vun der Éducation plurilingue ass d'Vernetzung an d'Zesummenaarbecht vun deene verschiddene schouleschen a soziale Services. Dat ass an eisen Aen eng Noutwendegkeet an dat misst jo och eng interessant Geschicht ginn. Mir kréien eng grouss Zuel vu Beschreiwunge vun den Objektiv vum der méisproocheger Erzëiung, déi de multilinguale Kontext vu Lëtzebuerg als Basis hunn. A genau-sou vill Beschreiwunge vun de pädagogesche Prinzipien, déi d'Aarbecht um Terrain guidéieren.

Madamm Presidentin, dat ass ganz spannend. Do schreiwe mer e Stéck Sproochegeschicht. Et

ass jo ganz an der Rei, wann dat ënnert dem Kader vum SCRIPT leeft, mä ech wier frou, wann do och eng Uni, an dësem Fall am Léifsten d'Uni Lëtzebuerg, géif matschaffen. Ech weess net, wéi wäit dat de Fall ass, mä et ass op alle Fall e Wonsch, fir se méi ze héieren.

Ech ginn net esou wäit wéi d'Kollege vun der CSV d'lescht Woch.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*). - Déi wollten iwwer eng Motioun...

(*Hilarité*)

Déi wollten iwwer eng Motioun der Uni virschreien, wéi een neie Masterprogramm si soll ausschaffen. Duerfir hunn ech ze vill Respekt virun der Gewaltentrennung oder der Fräiheet vun der Wëssenschaft. Ech géif et awer legitim fannen, mat der Uni en Dialog ze sichen, wéi een dee Wee, dee mer hei ginn, och wëssenschaftlech vun hinne begleet kann.

Léif Kolleginnen a Kollegen, mir sinn e bësse verwonnert, datt vun der Uni.lu d'Impulser an d'Bäitrag zum Thema Méisproochegkeet eigentlech net méi präsent sinn, wéi se dat sinn.

An da kennt en drëtten Pilier, an dat ass de Partenariat mat den Elteren. An et ass dee Pilier, deen eis och ganz wichtig ze si schéngt, an et ass och deen Deel, deen am schwierigsten ëmzesetzen dierft sinn. Et ass einfach gesot: D'Eltere mussen enk mat de Betreuungsstrukturen zesummeschaffen. Dat ass awer net ëmmer einfach. Dat huet och mam berufflechen a familiäre Status vum Kand sengen Elteren oder sengem Elterendeel ze dinn.

An awer: D'Abezéie vun den Elteren, d'Mathëllef vun den Eltere beim Schwätze léieren ass net ze ersetzen. Et ass jo esou, datt all Etüde soen, datt et vill méi ee prekär Umfeld ass, dat zum Beispill e schoulesche Succès a Fro stellt, ewéi eng Méisproochegkeet. Duerfir ass et och gutt, datt mer d'Bedelegung un de Käschten esou staffelen, wéi se hei am Gesetz gestaffelt ginn.

Mir féieren och mat dësem Gesetz fir all Elteren, onofhängeg vun hirer Pai, 20 gratis Stonne fir hir Kanner an, wa si hir Kanner dann an eng Struktur ginn, déi sech ee Sproocheförderungsprogramm gëtt. Mir ginn dervun aus, datt dat derzou féiert, datt relativ schnell relativ vill Strukturen esou ee Programm kréien. Dat huet d'Kollegin vun der CSV och gesot. Si huet vun „Drock ausüben“ geschwat. Ech soen dann: Dat ass e positiven Drock, deen op d'Strukturen ausgeübt gëtt.

A well mir fannen, datt all d'Kanner sollen zesumme grouss ginn, huele mer och gären a Kaf, datt en Deel vun den Elteren, déi kéinten eng Crèche bezuelen, dës 20 Stonnen awer net bezuelen. Mir wëllen net verschidde Betreuungsstrukture fir Leit mat ënnerschiddleche Portmonnien. An dat wier an eisen Aen eng méiglech direkt Konsequenz, wa mer bei den 20 Stonne géifen Ennerscheeder maachen.

Madamm Presidentin, ech hunn déi ganzen Zäit iwwert d'Crèche geschwat. An der Kannerbetreuung gëtt et awer och nach en zweete wicthegen Akteur: d'Assistants parentaux oder d'Dagesmammen. Si spillen eng wichteg Roll. Si kënnen de Kanner och méi ee klengen, gemittleche Kader ubidde wéi an de Crèchen, déi a mengen Ae leider oft ze grouss sinn. Dat hei am Reseau geschafft gëtt an och Weiderbildungen ugebueden an ugehall ginn, ass wichtig. Mir sinn allerdéngs der Meinung, datt et hei zwee verschidde Betreuungsmodeller gëtt, déi sech mussen ergänzen: d'Dageselteren an d'Crèche. Déi hunn allen zwee hir Daseinsberechtigung, mä déi kënnen mer net gläichschalten. An duerfir menge mer och, datt déiselwecht Uspréich un de Plurilinguismus net kënnen bei Dageseltere gestalt ginn. Mir haten do länger Diskussiounen an der Schoulkommission an dat ass an eisen Aen awer och gutt gekläert.

Fir ofzeschlëssen, Madamm Presidentin, mir begreissen et, datt mer eis Betreuungsstrukture méi professionell opstellen, a mengen, datt all déi Mesuren zur Sproocheförderung nëtzlech sinn. Mir wënschen eis a Vertrauen deene Professionellen, datt déi nonformal Bildung an nonformal bleift. Mir kënnen a mussen eis Kanner fërden, andeems mer se spille loosse an zum Spillen animéieren.

D'Kanner léiere gären a vum selwen. A mengem perséinlechen Numm wëll ech awer och nach eng Kéier betounen, datt et awer och Konditiounen gëtt, déi ee muss respektéieren, fir datt dat Léiere funktionéiert. Wa mer eis net fir déi Konditiounen interesséieren, wa mer mengen, Kannerkäpp géife wéi Gefässer funktionéieren, déi ee mam Trichter misst offellen, da komme mer un dat, wat ee genannt huet: „den Nürnberger Trichter“. An da riskéiere mer, zrëckzekommen a Richtung Spéitmittelalter.

Duerfir schéngt et eis evident ze sinn, datt och all déi Mesuren, déi mer hei huelen, am Interêt si vun de Kanner an am Interêt vun enger Fërderung vun der Méisproochegkeet. Mir sollen awer net vergiessen, datt mer och d'Kanner Kanner si loosse an hinnen Zäit loosse a Raum loosse, fir sech spilleresch weiderzëntwëckelen.

Ech soen lech Merci a bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Merci dem Här Claude Adam. Als nächsten geschriwwene Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Madamm President, Dir Dammen an Dir Härten, och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Rapporteur, den Här Gilles Baum, deen eis de Projet presentéiert huet, ganz kompetent, wéi en dat ëmmer mécht.

An et ass vläicht fir mech eng Geleeënheet, no deem d'Diskussion jo awer schonn eng Zäit gelaf ass, fir fir d'Éischt op déi véier Hauptargumenter ze äntweren, déi d'Regierungsparteien eis hei presentéieren, fir dee Projet hei ze justifiéieren.

Dat Éischt, wat mer ëmmer héieren hunn, dat ass d'gratis Betreiuung. Et ass praktesch wéi e Kaddo presentéiert ginn, deen d'Regierung elo den Eltere mécht. Mä ech wëll just rappéléieren: D'Regierung huet keng Suen. Et sinn d'Steierbezueler, déi déi Suen zur Verfügung stellen, d'Leit alleguer, déi Steiere bezuelen. Et sinn deenen hir Suen, déi ëmverdeelt ginn. An zwar gi se ëmverdeelt vun deene Leit, déi hir Kanner wëlle selwer erzéien - well déi kruten hir Allokatiounen am Zukunftspak alleguer gestrach, déi si bis dohinner haten - a se ginn ëmverdeelt an deen eenzege Familljmodell, deen dës Regierung ënnerstëtzt. An dat ass eng fundamental Ongerechtegkeet.

Et ass also eng Ëmverdeelung vun der Laascht vun der Kannererzëiung zulaaschte vun deene Familljen, déi hir Kanner selwer wëllen erzéien, au bénéfice des autres. An dat Element vun Ausgleich vu sozialer Gerechtegkeet, dat bis zum Zukunftspak dozou bestanen huet, ass komplett verschwonnen. Also gratis Kannerbetreuung gëtt et net. Et bezitt ëmmer een. Et sinn d'Leit, déi et bezuelen.

Dat zweet Argument waren déi wëssenschaftlech Studien. Et muss een dat am Detail kucken, dozou hate mer elo keng Geleeënheet. De Minister hat eis do Lëschten zur Verfügung gestallt vun deene Studien, mä deen éischten Androck ass éischstens, datt déi Studien dacks vu Soziologen erstallt ginn, siele vu Pädagogen a vu Linguisten, an dacks a Länner, déi eng komplett aner sproochlech Geografie hu wéi Lëtzebuerg: aus Wales, wou d'Zweesproochegkeet besteet tëschent Walisesch an Englesch, aus Däitschland a Frankräich huet den Här Lamberty eis Studien zitéiert, wou jo bekanntlech och eng Eesproochegkeet virherrsch. An Däitschland, bon, mat tierkesche Kanner, a Frankräich mat anere Kanner.

An datt Professere vun deenen Universitëten interesséiert sinn, wéi dat Experiment zu Lëtzebuerg, wat op Käschte vun eise Kanner gemaach gëtt, ausgeet, dat kann ech novollzéien. Awer et ass net wëssenschaftlech domadder ënnermauert, datt dat eng gutt Saach wär fir d'Lëtzebuergesch Kanner.

Dat drëtt Argument ass dat, wat d'DP hei gesot huet, d'DP wär derfir, fir net ze trennen, keng Segregatioun, mä Integratioun, d'Kanner zesummenzeféieren a keng Schoulen, déi d'Sproochendifferenzen nach fërden. Ma d'lescht Woch hate mer genau dat. Si maachen ëmmer méi anersproocheg Filiären an eiser effentlecher Schoul, ëmmer méi international Schoulen, mä dat Zesummeliewe vun de Lëtzeburger Schoulkanner oder Jugendlechen, dat verréngert sech jo duerch d'Aféierung vun deene Schoultypen. U sech ass d'DP-Schoulpolitik genau dat, wat den Här Lamberty hei kritiséiert huet! Et gëtt ëmmer méi Filiären an u sech ginn d'Kanner ëmmer méi verdeelt, genau no hire sproochleche Kritären.

An dat véiert Argument, wat heescht, et wier eng Saach vun der Chancgläichheet. Gläich e puer Riedner vun de Regierungsparteien hunn dat un éischter Plaz genannt, dat Argument. An do ass eng Kontradiktioun am Rapport. Ech wëll lech deen zitéieren, well et gëtt ëmmer gesot: „Et ass eng Saach vun der Chancgläichheet, dofir muss mer d'Sproochen elo änneren goen.“

Am Rapport steet, an ech zitéieren dat: «Ce n'est cependant pas l'origine linguistique des enfants qui détermine en premier lieu le succès ou l'échec scolaire.» An am Paragraf hannendrun, ech zitéieren: «Afin (...) d'offrir ainsi à

tous les enfants les meilleures chances de réussite, le Gouvernement mise sur une initiation précoce et ludique au multilinguisme (...).» Also an engem Paragraf gëtt gesot: Et ass net d'Ursach, d'Sproochen, an am Paragraf hannendru gëtt gesot: Ma et ass jo net d'Ursach. Et bezitt sech drop, an awer änneren mer dat. Do ass keng Logik.

An et ass ganz kloer, ech mengen, déi gréng si jo Spezialisten, fir ze soen: „Et dierf ee Verschiddenes net vermëschen.“ Ekologie a Sozialpolitik mussen zum Beispill ëmmer getrennt ginn, wann et ëm d'Taxen an de Gemeenge geet. Dat ass en Argument, wat een ëmmer héiert. Mä wann een Ekologie a Sozialpolitik net soll matenee vermëschen, da kann een och Sproochpolitik a Sozialpolitik net matenee vermëschen.

Fir mech ass deen éischte Fazit also, datt déi Argumenter, déi d'Regierung bruecht huet, alle véier entweder op Kontradiktiounen, op Onwëssen oder op Onvollstännegkeet berouen an u sech falsch sinn. Mir sinn hei konfrontéiert mat enger Argumentatioun, déi méi ideologesch ass, wéi datt se op iergendenge Fakte kann opgebaut ginn.

Fir eis als ADR ass et ganz kloer: Fir eis ass d'Integratiounssprooch Lëtzebuergesch an näischt aneres. Mir hunn eng Situatioun hei am Land, wou mer elo geschwé bei 47,7% Ausländer, ech mengen, datt ass déi lescht Statistik, sinn. Elo ass d'Integratioun op Lëtzebuergesch nach méiglech. Mä wéi laang nach? Wou steiert dëst Land hin? Op wéi eng Parallellgesellschaften, op wéi eng Evoloutiounen, op wéi eng zentrifugal Zukunft musse mer eis astellen, wa mer dee Rendez-vous elo verpassen?

Deen „Vivre ensemble“, vun deem ëmmer geschwat gëtt, dee muss ee wëllen. An dee kann nëmme reusséieren, wa mer eis op eng Sprooch beruffen, an dat kann nëmme Lëtzebuergesch sinn.

Lëtzebuergesch ass fir eis Integratiounssprooch, Inklusiounssprooch, fir datt jiddweree kann un allen Aspekter vun eiser Gesellschaft deelhuele, inklusiv dem Accès op d'Nationalitéit. Lëtzebuergesch muss an der Medezinn an am Commerce favoriséiert ginn. Mir mussen eis eege Kultur a Geschicht och kënnen an déi Leit vermëttelen, déi bei eis kommen. Dat ass eis Grondhaltung. An et ass déi eenzeg, déi fir eist Land eng Zukunftsperspektiv huet, déi eis et erlaabt, och an Zukunft als Solidargesellschaft virun ze fonctionnéieren.

Déi Argumenter an Detailer, déi nach bruecht goufen, do hunn anerer schonn drop reagiert. Et ass fir d'Kanner virun allem emol wichtig, fir d'Éischt déi eege Mammesprooch kënnen ze festegen. A virun allem wann de politesche Wëllen dann do gewiescht wär vun dëser Regierung, fir Lëtzebuergesch ze stäerken, dann hätt jo kënnen e Gesetz agefouert ginn, dat virschreift, an all Crèche, inklusiv an deene frankofone Crèchen, déi mer hei am Land op kommerzieller Basis jo hunn, Lëtzebuergesch ze schwätzen.

Näischt huet eis do forcéiert, fir ze soen: Ma da muss och an deene bis elo Lëtzebuergeschsproochge Crèchen elo Franséisch geschwat ginn. Dat ass einfach e Choix vun der Regierung gewiescht. An ech froe mech ëmmer, mat wéi engen Hannergedanken. Ech weess jo, d'Kollege vun der LSAP - si hunn et haut net widderholl, mä mir wëssen et - hätte jo gär eng Alphabetiséierung op Franséisch à terme, dat hu se schonn e puermol gesot. Majo, wann ee gär eng Alphabetiséierung op Franséisch hätt amplaz op Däitsch, dann ass wahrscheinlech déi fréi Sensibiliséierung op Franséisch och keen harmlosen Hannergedanken. Et ass e weidere Schrëtt op d'Frankophoniséierung vum Lëtzeburger Land. An ech mengen, mir mussen dat kloer erkennen.

Et ass och net duerchsetzbar. Déi Iddi vun der Regierung léisst sech duerchsetzen an deene Crèchen, wou bis elo Lëtzebuergesch geschwat ginn ass, well do déi Educateuren, dat Personal, wat do schafft, am Prinzip och Franséisch kann. Mä an deene franséischsproochge Crèchen, wou soll dat Personal hierkommen, wat Lëtzebuergesch kann?

A virun allem ass do dacks eng Mentalitéit, wann ee mat deene Leit schwätzt, déi do an deem Secteur schaffen, wou een, an ech mengen, datt ass eppes, wat mer aus villen Alldagssituatiounen kennen, wou een dann ze héiere kritt: «Le luxembourgeois n'est pas une langue.» A mat där Mentalitéit gesinn ech net, wéi mer et kënnen hikeréien, fir an deene franséischsproochge Crèche Leit dohinnerzëkréien, fir Lëtzebuergesch mat de Kanner ze schwätzen.



Derbäi kënnt d'Diskriminéierung vum Däitschen. Och dat hu schonn anerer gesot. An d'Diskriminéierung vum Däitschen ass net nëmmen en Aschnëtt an déi traditionell Dräisproochegkeet vun eisem Land, et ass och e weideren Obstakel fir Kanner, déi aus engem net romaneschsproochegen Ausland komme wéi all déi Slawen zum Beispill, déi hei sinn, a wéi déi Anglofon. Fir déi ass Däitsch däitlech méi einfach wéi Franséisch. An och do schafe mer nei Diskriminatiounen, genausou wéi mer géint all déi nei Diskriminatiounen schafen, déi weder aus engem romaneschsproochegen nach lëtzebuergeschsproochegen Haus kommen, well se gläich mat zwou Friemsprooch konfrontéiert sinn amplaz just mat enger.

Et ass eng Konkurrenz fir déi Elteren, déi hir Kanner selwer wëllen doheem erzéien, well déi mengen, hir Kanner géifen eppes verpassen, wa se net dohi ginn. An all déi Facteuren zesumme bréngen eis als ADR zu enger klorer Iwwerzeegung, dat ass, dass mer eise Schoul-system, Crèche an éischte Cycle, net géife be-laschte mat där do Form vu Méisproochegkeet. Et ass einfach eng Weichstellung an déi falsch Richtung. Well wa mer ab deem do Alter, an där do Form, schonn d'Weichen a Richtung Franséisch stellen a Violatioun mat eiser traditioneller Sproochesituatioun am Land, op d'Käschte vun eise Kanner, op d'Käschte vu ville Kanner, déi aus anere Länner kommen, ma dann orientéiere mer eise ganze Schoul-system méttel- a laangfristeg anescht - dat ass och vläicht gewënscht - a mir maachen dat zu-laschten - an dat ass jo elo däitlech erkläert ginn - vun eise Kanner.

Et ass eng Politik, déi mir net matdroen. An Dir kënnt lech drop verloossen - ech soen dat hei ganz kloer -, dass, wann eng ADR eng Kéier an der Regierung ass, ass dat do eppes, wat geännert gëtt! Ech weess net, ob iergendeng Partei heibannen datselwecht Versprieche ka maache wéi mir. Dat heescht, wa mer an enger Regierung wären, dass dat do och géif geännert ginn.

► **Une voix.**- Et wäert glécklecherweis ni geännert ginn!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech soen lech Merci. D'ADR stëmmt dat hei selbst-verständlech net.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci dem Här Kartheiser. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Madamm Presidentin. Eis méisproocheg Gesellschaft ass op Basis vun historieschen Entwécklungen entstanden. Historesch Entwécklungen am Beräich vun der Migratioun, mä och vun der ekonomescher, sozialer Transformatioun vum industrielle Lëtzebuerg zu enger Dëngschtleeschtungsgesellschaft, souguer mat enger deelweis staarker internationaler Prä-gung.

Dee schnellen a radikale Wandel vun der Lëtze-buerger Gesellschaft säit dem Ufank vun de 70er Joren hannerléisst natierlech Nowierkungen a verschiddene gesellschaftleche Beräicher, déi enk mat der schoulescher Ausbildung zesummenhängen. Ëmmer méi Leit aus dem Aus-land kommen op Lëtzebuerg op der Sich no enger Aarbecht. Een ëmmer méi groussen Un-deel vu Kanner mat Migratiounshannergrond, wéi een esou schéi seet, integréieren eise Schoul-system. An een ëmmer méi grouse Pro-zentsaz vu Kanner hu Schwierigkeete mam Léiere vun de Friemsproochen an eisem Schoul-system.

Eise Service public soll also déi sozial an eko-nomesch Integratioun vun den alen an neien Awunner férdere a stäerken, andeems en esou vill wéi méiglech an de Beräich vun der Edu-catioun investéiert a grouse Wäert op eng qualitativ héichgeschaten Ausbildung vum Educationspersonal an den Auszubildende leet.

Dëse Gesetzesprojet ziilt an déi richtig Rich-tung mam Usaz, e qualitative Referenzkader opzebauen am Beräich vun der Entwécklung vu méisproochege Kompetenz bei de klenge Kanner vun engem bis véier Joer. Datt den Ac-cent beim Apprentissage vum Lëtzebuerges-chen als Integratiounssprooch läit an domat als Sprangbriet, fir weider Friemsproochen ze léieren, kann dëngen an ass och eng gutt Ini-tiativ.

D'Fuerderung, dass de Kanner hir Mamme-sprooch an deemselwechte Kontext soll valori-séiert a weider gestärkt ginn, kann een nëm-men ënnerstëtzen, well et och wëssenschaft-

lech bewisen ass, dass d'Maîtrise vun der Mam-mesprooch eng Viraussetzung ass, fir sech wei-der Sproochen unzëeegnen.

Bis elo gouf et am Beräich vun der net formel-ler Education kee Referenzkader fir souwuel déi pädagogesch Ausbildung vum Personal wéi d'pädagogesch Méttel, déi kënne agesat ginn, fir de Kanner hir sproochlech Kompe-tenzen ze optimiséieren.

Leit, déi als wëssenschaftlech Experten am Beräich vun der multilinguistescher Pädagogik schaffen a fir hir Etüde regelméisseg dem Edu-cationspersonal seng Methodik observéiere ginn, hu festgestallt, dass déi verschidde Struk-ture vun der Kannerbetreuung ganz verschid-den un déi multilingual pädagogesch Metho-den eruginn an ëmsetzen an dass et a verschid-denen Etablissementer ganz gutt klappt an an anere guer net, jee no Kompetenz vum Perso-nal, dat do ass.

Mir mengen, dass dëse Projet de loi mat der Ambitioun, d'Sproochekenntnesser vun alle Kanner fréi ze fuerderen an hinne domat eng méiglechst héich Chance op eng Reussite an eisem Schoul-system ze bidden, nëmmen da luewenswäert ass, wann en net, wéi et elo de Fall ass, iwwert de Knéi gebrach gëtt.

Déi richtig Leit wären an eisen Aen déi Leit, déi als Fuerscher hei zu Lëtzebuerg tätég sinn a selwer Erfahrungen am lëtzebuergeschen Edu-cationssystem gesammelt hunn, zum Beispill als Enseignant oder och hei ageschoult wären. Bei der Entwécklung a Vermëttlung vu multilin-guale pädagogesche Methode géifen dës Fue-rscher um Terrain mam Educationspersonal enk zesummeschaffen. Dat ass och elo schonn de Fall bei Fuerschungsprogrammer op der Uni Lëtzebuerg, déi zwar vum Ministère finanzéiert gëtt, mä zum Beispill net an d'Entwécklung vu Pilotprojete matagebonne gëtt.

Ech kommen och nach erëm op de Problem vun Zäitmangel zrëck. D'Ëmsetze vun dësem Projet de loi setzt en Ëmdenken an eng Erneie-rung vun de Kompetenz vum Educationspersonal viraus. Dëst brauch vill Zäit, vill méi Perso-nal wéi déi ugekënnegt 10% an och vill méi Formationssstonne wéi 32 Stonnen op zwee Joer verdeelt.

Eleng d'Formation continue, fir den neie Sproocheprogramm kënnen ëmzesetzen, muss op laang Dauer an intensiv vum Educationspersonal besicht ginn. An och déi administrativ Fuerderungen un datselwecht Personal, déi nach derbäikommen, sinn an dësem Fall eng Laascht. Eng besser Aarbechtsopdeeling duerch méi Personal an och méi Investisemen-ter an d'Erweiterung vun den Infrastrukture sinn also néideg.

Madamm Presidentin, ech mengen, mer sinn eis hei offensichtlech net onbedéngt eens, wat e Service public ass. Ursënn war d'Ofschafung vun universale Rechter, déi all Bierger garan-téiert kréien, duerch d'Aféierung, deemools, vun der sougenannter sozialer Selektivitéit, déi mir als déi Lénk léiwer als asozial Selektivitéit bezeechnen. Amplaz massiv ëffentlech Struk-turen op d'Been ze setzen, goufe privat Struk-ture geschafen - si sinn deelweis wéi Champi-gnonen aus dem Buedem geschoss - an déi awer duerch d'Chèque-servicë vun der Allge-mengheet finanzéiert ginn, wou awer d'Quali-téit net geséichert ass an dofir e Referenzkader huet misse geschafe ginn. Mir hunn eis d'Liewen also eendeiteg méi komplizéiert ge-maach, nëmmen aus Spuergrënn!

Domadder hätte mer bei der Kannerbetreuung ganz komplizéiert Calculle vermidde bei de Chèques-services accueil, déi dat solle kompenséieren, wat de Stat versicht, iwwer een an en hallwe Mount ze spueren. D'Leit schaffen hei zu Lëtzebuerg a si cotiséieren. Dofir solle se och d'Recht hu fir e richtige Service public, fir eng Kannerbetreuung, wou net klenglech gerechent gëtt, fir e Maximum ze spueren, do wou d'Spuerlogik näischt verluer huet.

Zum Schluss nach eng Remarque zu der restri-ktiver Notzung vun de Chèques-services accueil, wat d'Frontaliere betrëfft. Well déi hunn näämlech theoretesch och en Urecht op dës sozial Dëngschtleeschtung, well se jo och hei bei eis am Land schaffen a cotiséieren, mä si kënnen awer an der Praxis net dovunner profi-téieren. Et ass näämlech esou, dass d'Frontalie-ren aus praktesche Grënn hir Kanner do, wou se wunnen, och an d'Crèche oder soss eng Be-treuung ginn, vläicht well se net mat hire Kanner am Stau wëlle stoen um Wee fir op hir Aarbecht.

Deen anere Problem ass, dass kaum eng Kan-nerbetrieungsstruktur a Frankräich, Däitschland oder an der Belsch d'Méttel huet, déi lëtze-buergesch Fuerderungen un d'Prestataire vun de Chèques-services accueil ze erfüllen. D'Kom-petenzen, fir de lëtzebuergesche Referenzkader an d'Formationen, déi heimat verbonne sinn, an engem anere Land kënnen ëmzesetzen, leie jo net hei beim lëtzebuergesche Stat.

Dat heescht, mir si weiderhin als déi Lénk der Meenung, wa vun der sozialer Selektivitéit ge-schwat gëtt, dass dat awer a Wierkechkeet e richtige Feeler war an dass dat u sech e Méttel ass, fir universal Rechter an universal Dëngscht-leeschungen lues a lues ofzebauen. Dat huet net déi heite Regierung erfonnt, dat war schonn déi viregt Regierung.

Ech mengen, mir sinn als déi Lénk déi Eenzeg nach, déi der Meenung sinn, dass e richtige moderne Stat e richtige Service public brauch. Well elo si mer an der absurder Situatioun, dass mer weiderhin ëffentlech Gelder ginn u privat Strukturen, déi net ëffentlech sinn, wou et schwéier ass ze kontrolléieren. An och souguer, wann ee versicht, gutt Reformen ze maachen, wéi déi heiten am Usaz vläicht eng gutt Reform ass, da kann een dat trotzdeem net hikréien.

Dir sidd an enger Logik..., Dir wëllt einfach net verstoen, dass et eng Logik gëtt, dass soubal ee vum Service public ofkënn, da kënnt een an Däiwelskichen an da kritt een näischt méi esou richtig kontrolléiert. Dofir, aus deenen On-gerechtegkeeten, an och déi Ongerechteg-keete souwisou, déi mer och hunn, wat d'Fron-talieren ugeet, aus dësen Ursaache wäerte mir eis bei dësem Projet de loi enthalen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci dem Här Wagner. Ech hunn elo keen Deputéierte méi ageschriwwen. Ech géif dann direkt dem Här Jugend- an Education-s-minister Claude Meisch d'Wuert ginn. Här Mi-nister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Vill-mools Merci, Madamm Presidentin. E grouse Merci och un all d'Intervenanten, ganz beson-nesch de Rapporteur, de Gilles Baum, deen eis an dës Matière de Mëtten hei agefouert huet.

Ech wëll vläicht am Ufank nach eng Kéier de Fokus op dat, wat, wann een iwwer Kanner schwätzt, zwar am onwichtigsten ass, mä awer dorobber leeën, well et an der Debatt de Mët-ten awer e bëssen ënnergaangen ass. Dat sinn déi finanziell Auswierkungen hei. Et ass esou, dass dat Gesetz hei 81 Milliounen pro Joer wäert kaschten: 18 Milliounen fir déi 20 Stonne gratis, déi all Kand an Zukunft wäert hunn an enger Crèche, déi sech dësem Programm hei raccor-déiert, an der Woch, tëschent eent a véier Joer, 23 Milliounen fir Qualitéitsverbesserungen an de Crèche, Formatioun vum Personal, 10% méi Personal, also Augmentatioun vum Perso-nalschlëssel, a 40 Milliounen fir Tariffsenkungen iwwert d'Alterskategorie véier bis zwielef Joer. Esou setze sech déi 81 Milliounen zesummen.

Et ass de Mëtten hei scho geschwat ginn, dass de Jean-Claude Juncker eng Kéier op dësem Pult hei stoung a gesot huet, fir hie wär à moyen terme d'Kannerbetreuung gratis unze-bidden. D'CSV huet haart gejaut a gesot, neen, dat wär jo awer net fir déi kleng Kanner, net ab ee Joer. Op d'mannst mat deem Volet, ech wëll soen, dass ech dat néierens héieren hunn, déi Präzisioun, aus dem Mond vum Jean-Claude Juncker! Dat ass iergendeng „No-Interpre-tatioun“, déi elo vun deenen, déi haut an der CSV d'Soen hunn, derbäigesat ginn ass.

Mä och souguer, wann et esou wär, misst d'CSV dach vläicht begrëissen, dass mer och 40 Milliounen an d'Tariffsenkung vum Chèque-ser-vicë fir d'Maison relais an der Alterskategorie vu véier bis zwielef Joer mat an dësem Pak hei dran hunn! Nun, ech hunn et net héieren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Eis ass et besonnesch wichteg, dass mer natierlech hei op zolittem wëssenschaftleche Fundament stinn, wa mer e Projet wéi deen heiten ugin. Dat hu mer vun Ufank u gemaach. Mir hunn déi Referenzfuerscherin, déi op der Uni Lëtze-buerg aktiv war, rekrutéiert fir d'Ausschaffung vun deem heite Konzept. Mir hu méttlerweil och nach eng Kéier vill gelies doruechter a vill international renomméiert Sproochfuerscher kontaktéiert an hinne eise Projet erkläert. A mir hunn dann haut - an de Claude Lamberty huet jo nach eng Kéier déi Affiche gewisen, mir hunn dat och nach eng Kéier an enger Bro-schür zesummegefaasst - quasi 40 international renomméiert Sproochfuerscher, déi genau dat heite bestätegen, dass eng méisproocheg Frëifërderung am Interessi vum Kand ass! Punkt!

A wann dann hei anerer zitéiert ginn, da muss ee se awer vläicht och an de Kontext setzen. D'Madamm Hetto zitéiert hei de wuelbekann-ten, ganz populäre Schwäizer Bildungsexpert, de Remo Largo. Mir haten och mam Här Largo Kontakt. Ech kann lech soen, wat en eis ge-schriwwen huet, Madamm Hetto! Ech zitéie-ren: „Ich bin ganz begeistert von der Art und

Weise, wie Sie mit dem Thema Sprachen-erwerb umgehen. Der Ansatz ist sehr kindge-recht.“ Par contre seet en...

(Brouhaha)

Par contre seet en, dass de Friemsproochenun-terrecht, wéi en op ville Plaze gemaach gëtt, net nëmmen hei, mä iwwerall gemaach gëtt, dass dat nach ëmmer - iwwer Vokabulär, iwwer Regeln - en „pädagogeschen Irrweg“ ass. Dat seet de Remo Largo och am Zesummenhang vun dësem Konzept,...

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Dat hu mir och gesot!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- ...wat mer amgaange sinn...

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Et hätt ee sollen do upaken!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- ... landeswäit hei ëmzesetzen.

Ech hu gesot, dass mer eng Bildungsfuerscherin engagéiert hunn, fir dat Konzept auszuschaf-fen. Et wäert net dobäi bliwen. Mir hu jo haut och annoncéiert, dass mer en zwielefkappege wëssenschaftleche Bärot schafen, fir dee ganze Projet ze begleeten. Ech denken - jiddwereen huet dat gesot -, dass misst jo hei op eng breet Zoustëmmung stoussen. Zwielef, och zum Deel vun deenen an déi 40 international renom-méierte Bildungsexperten, national an interna-tional renomméierte Bildungsexperten, sinn an deem wëssenschaftleche Bärot derbäi.

Si wäerten d'Ëmsetzung vun deem ganze Kon-zept hei begleeten, evaluéieren, beroden, och kucken, dass déi Agent-régionallen, déi d'Ëm-setzung um Terrain kontrolléieren, och suivéiert ginn an den néidege Feedback och do zesum-mefléisst an a béid Richtung fléisst. Fënnf vun deenen zwielef Memberen an deem wës-senschaftleche Bärot kommen och vun der Uni Lëtzebuerg. Dass de Mëtte jo hei gefuerdert ginn. Nun, genau dat doten, dass maache mer.

Ech wëll mech net heihinnerstellen a soen, dat hei wär eng grouss Revolutioun! Well dat, wat hei gemaach gëtt, dat fonctionnéiert an Dausende vu Crèche he am Land a queesch iwwert d'Welt, dass d'Kanner fréi mat méi Sproochen a Kontakt kommen, fir hir Kommu-nikatiounskompetenzen an hir Sproochevillfalt vun Ufank un ze favoriséieren. Mir hunn dat jo och nach eng Kéier, an dat ass de Mëtten hei gesot ginn, a Pilotcrèche evaluéiert. Mir hunn doropshi Best Practices festgehalen, déi elo un aner Akteuren, un aner Crèche am ganze Land kënne weidergereecht ginn.

Jo, a mir schreiwen hei fest, dass mer ebe souwuel déi franséisch Sprooch wéi och ganz besonnesch déi lëtzebuergesch Sprooch iwwer-all gäre präsent hätten. Mir schéngen eis jo al-leguerten eens heibannen ze sinn, wéi wichteg d'Lëtzebuerg Sprooch ass. Ma da kommt, da maache mer dat elo emol, dass mer eis e Sproochekader gi fir de Klengkandberäich, fir d'Klengkandbetreuung, wou Lëtzebuergesch muss präsent sinn an all Struktur!

Mä mir sinn eben och der Meenung, an do schénge mer eis dann net ganz eens ze sinn, dass d'franséisch Sprooch fir ganz vill Kanner och wichteg ass an dass se och fréi mat der franséischer Sprooch a Kontakt solle kommen. Jiddwereen, deen an de leschten Deeg Eltere begéint huet, déi an der Situatioun wären, dass se drop gewaart hunn, wéi dann d'Resultat vum Passage Fondamental-Secondaire ge-wiescht wär, all déi wëssen dach, wéi essenziell d'franséisch Sprooch ass fir de Schoulparcours, dass do geziddert gëtt, dass et weinst dem Franséischen net duergeet, fir an de klasschesche Lycée ze kommen. Kommt, da sidd dach emol éierlech: Jiddwereen huet déi doten Angscht bei sengen eegene Kanner! Mir kennen dach alleguerte Familjen, wou dat doten de Fall ass.

Nun, hei maache mer eppes! Net nëmmen am Sproochenunterrecht, am Cycle 2, 3 a 4, mä à la base! Well mer och do wëssen - an dat soen d'Wëssenschaftler eis, dass ass net eng politesch Fro, dass ass eng reng wëssenschaftlech Fro -, dass et eben eng Zäitfënster gëtt, während där ee mat Lichtegkeet, am Spillen eng Sprooch nach ka léieren, d'Haaptstruktur vun enger Sprooch och nach kann opsugen, an dass den éischte Moment, wou mer haut an eisem Schoul-system mat Franséisch a Kontakt kom-men, näämlech am Alter vu siwen, vun acht Joer, dass déi Zäitfënster dann amgaangen ass definitiv zouzegeen. Datt mer dat ze spët maa-chen an dass mer genau dat dote falsch maa-chen; duerfir gi mer op en anere Wee!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Da kéinte mer jo dann nach Englesch léieren.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- An duerfir konzentréiere mer eis hei net nëmmen op en Iwwerschaffe vun de Programmer an där



doter Altersstruktur respektiv vum Schoulmaterial a vun der pädagogescher Approche, mä mir setzen zum richtigen Zäitpunkt un, och mam Franséischen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Dann ass dat heiten awer e Gesetz, wat däitlech zur Entlaaschtung vun Dausende vu Familljen hei am Land wäert bäidroen, eng Entlaaschtung an der Héicht, jee no Familljesituatioun, jee no Kannerzuel, jee no Akkommessituatioun, vun 1.000, 2.000, 3.000, 4.000, jo, souguer bis zu 5.000 Euro am Joer, wou d'Famillje mat Kanner, besonnesch déi mat méi Kanner, ganz besonnesch och wäerten entlaascht ginn. Dat ass eng Politik fir d'Familljen. Dat ass eng Politik fir d'Kanner. Dat ass méi Kafkraaft fir Famillje mat Kanner!

An et ass eng selektiv Politik, well akommesschwaach Kanner méi gratis Stonne kréien, net nëmmen tëschent eent a véier Joer, mä iwwert de ganze Barème vum Chèque-service ewech, och also tëschent null an zwielef Joer. Dat ass sozial Selektivitéit! Dat ass Kafkraaftstärkung fir Famillje mat Kanner. An do ass offensichtlech de Mëtteg hei net jiddwereen dermadder d'accord gewiescht.

Mir wëllen eng besser Preparatioun vun de Kanner op d'Méisproochegkeet an der Schoul, an der Gesellschaft. Mir wëllen en onverkrampften Émgang och scho bei de Kanner mat eiser Méisproochegkeet. Duerfir wëlle mer ewechkommen dovun, datt mer eenzel Sproocher verbidden an de Betreuungsstrukturen a soen, et dierft nëmmen déi dote geschwat ginn. Mä mir sollten eis multilingual Realitéit mat an den Émgang och mat deene kleng Kanner eranhuelen, well kee seet, datt dat hinnen iergendepes géif schueden.

An et baut se op: Et gëtt hinnen en natierleche Bezech herno zu deene Sproochen, déi se do héieren, zu hirer Mammesprooch, dem Lëtzeburgereschen an och dem Franséischen. An dat an der Kontinuitéit herno iwwert d'Crèche eraus am Cykel 1, am Precoce, an der Spillschoul, fir datt mer duerno, wann et an d'Alphabetiséierung geet, wann et ëm Liesen- a Schreiweliere geet am Däitschen an am Franséischen, méi eng homogen Sproochesituatioun am Klasesall virfannen, wéi mer dat haut hunn. Well dat ass haut d'Haapterausfuering fir d'Enseignanten am Cykel 2 mat där enormer Bandbreit vu Sproochekompetenzen an -situatiounen, mat där den Enseignant bei der Alphabetiséierung haut nach ëmmer konfrontéiert ass.

Mir hunn hei an deem ganze Pak dran, och fir d'Stärkung vun der Mammesprooch, awer net nëmmen dowéinst, en Abanne vun den Elteren an den Aktivitéits-, an de Betreuungsstrukturen, well mer fest der Meinung sinn, datt et net esou ka sinn, datt d'Elteren d'Impressioun kréien, och duerch dës Politik d'Impressioun kréien, datt se aus der Responsabilitéit eraus wäeren, datt et d'Schoul, virdrun d'Crèche, duerno nach d'Maison relais, duerno vläicht nach aner Aktivitéite sinn, déi exklusiv sech ëm d'Kanner ze këmmen hätten a wou den Erzéiungsoftrag wär. Neen, duerfir solle mer vum éischten Dag un, wann d'Kand an der Crèche schonn ugemellt gëtt, kloer maachen, datt dat net de Fall ass, datt d'Elteren eng Verantwortung hunn, an och fir dat Kand an der Crèche eng Verantwortung hunn, en Erzéiungsoftrag hunn, dee se wouerzehuelen hunn.

Dat kann iwwer eng Participatioun an der Gestatioun vun där Struktur méiglech sinn. Dat kann iwwer gemeinsam Aktivitéite méiglech sinn. Mir brauche virun allem do eng nei Kultur vun der Participatioun, vum Zesummeschaffen tëschent Institutiounen, hei d'Crèche, duerno d'Schoul, an dem Elterehaus op där anerer Säit. A mir brauchen och déi Vernetzung, déi an deem Gesetz virgesinn ass tëschent de Betreuungsstrukturen, der Schoul, den Hëllefsgeschter, der Gesellschaft, eben all deenen Akteuren am Land, déi fir Kanner an där doter Alterskategorie do sinn.

Dëst ass, Dir Dammen an Dir Hären, e weidere Qualitéitssprong an der Kannerbetreuung, virun allem an der Klengkandbetreuung. Dëst passt zu Lëtzebuerg. Dëst gëtt eis eng stabil Basis fir eis Méisproochegkeet. An et ass e gesond Fundament, op deem duerno de Sproochenunterrecht kann opbauen.

An, Madamm Presidentin, ech ka mer net richtig erklären, firwat een de Mëtteg hei mat Nee géif stëmmen. Well et muss een et jo awer nach eng kéier kloermaachen: Firwat stëmmt een hei net fir dës Projet?

(**Interruption**)

Wann een hei mat Nee stëmmt, dann ass een dergéint, datt mer an Zukunft d'Konditioun setzen, datt een héich Sproochekenntnisser, -kompetenzen am Lëtzebuergesche muss präsent hunn an der Crèche an am Franséische

muss präsent hunn an der Crèche. Et ass een dergéint, datt d'Mammesprooch och iwwert d'Crèche zesumme mat der Famill, zesumme mat den Educateuren, den Educatrice soll gefördert ginn. Et ass een dergéint, datt mer méi e bewossten Émgang mat der Sprooch an de Klengkandstrukturen sollen hunn. Et ass een dergéint, datt mer d'Eltere méi kloer matabannen an der Gestatioun an an den Aktivitéite vun deene Strukturen. Et ass een dergéint, datt mer de Strukturen 10% méi Moyene gi fir d'Personal, fir zousätzlech Personal anzustellen. Et ass een dergéint, datt mer méi Formatioun ubidden, datt mer e Référent pédagogique hunn an datt mer dat Ganzt och nach kandgerecht maachen.

Wann een Nee stëmmt,...

(**Interruption**)

...da stëmmt een do dergéint an et stëmmt een och fir (veuillez lire: géint) eng däitlech Entlaaschtung vun de Famillje mat Kanner, mat ville Kanner, mat kleng Kanner hei am Land!

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - Et mengt een haaptsächlech, datt Dir déi Ziler net erreecht, déi Der elo genannt hutt. Dofir stëmmt een dergéint!

► **Mme Martine Hansen** (CSV). - ...et ass keen Zil gesat, da brauch ee keent ze erreechen.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Den Här Minister huet eleng d'Wuert.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - D'Madamm Hetto huet munneches och gesot, wat richtig ass. Näämlech wat richtig ass - Dir hat dat elo net erwaart vu mir, mä ech soen et nach eng kéier ganz haart -....

(**Hilarité**)

...Dir hutt munneches gesot, wat richtig ass! Näämlech wat kleng Kanner nach brauchen: Déi brauchen natierlech net nëmme Sproocheninput. Dat ass ganz evident. Déi mussen ganzheetlech gefördert ginn, hir Kreativitéit muss ënnerstëtzt ginn, hire Virwëtzt muss ënnerstëtzt ginn, hir Bewegung muss ënnerstëtzt ginn, d'Motorik muss ënnerstëtzt ginn, déi sozial Kompetenze mussen ënnerstëtzt ginn. Ech denken, datt mer do eens sinn.

Mä, Madamm Hetto: Firwat hutt Der dann d'Gesetz iwwert d'Qualitéit an der Betreuung net gestëmmt virun iwwer engem Joer? Wou mer jo haut nach eng kéier méi wäit ginn! Wann Der där doter Meinung sidd, datt dat doten alles esou wichteg ass, dann hätt Der dach am Februar 2016 hei misse mat Jo stëmmen!

(**Brouhaha**)

► **Une voix.** - Genau! Richtig!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Mä ech weess, wéi et geet! Mat der CSV geet et näämlech ëmmer esou: Et dauert keng zéng Joer, et dauert wahrscheinlech emol keng fënf Joer, da behaupt Der iwwerall, et wär Är Iddi gewiescht!

Villmools Merci.

(**Brouhaha**)

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Minister. D'Diskussiounen iwwert dës Projet sinn elo ofgeschloss a mir fänken dann elo u mat der Ofstëmmung iwwert de Projet 7064.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7064 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Ofstëmmung fänkt un. Dann d'Procuratiounsstëmmen. De Vott ass ofgeschloss.

Resultat: 32 Jo-Stëmmen, 25 Nee-Stëmmen an 2 Enthaltungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7064 est adopté par 32 voix pour, 26 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Engel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. André Bauler), Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Cox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-

drich-Duval (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marcel Oberweis) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Da wollt ech froen, ob Der d'accord sidd, fir d'Dispens vum zweete Vott ze accordéieren.

(**Assentiment**)

Villmools Merci fir dës grouse Projet.

Da komme mer schonn zu deem nächsten, wat och e ganz wichtige Projet ass, de sougenannte Projet „VieSo“. Dat ass de 2010. Do geet et ëm d'Introduktioun an dem Enseignement fondamental vun engem Cours commun „Vie et société“, deen och bestëmmte Saachen ëmännert. An ech hunn elo de Pleséier, fir direkt dem Här Lex Delles d'Wuert ze ginn als Rapporteur vun deem Projet. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

9. 7010 - Projet de loi portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement fondamental et modifiant

1. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

3. la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Lex Delles** (DP), *rapporteur.* - Merci villmools, Madamm Presidentin. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech verroden lech bei deem Projet de loi elo näischt Neies. Mir maache genau dat, wat mer schonn d'lescht Joer am Lycée gemaach hunn: Mir féieren eis Gesellschaft méi no zesummen.

Nodeems mer, wéi gesot, d'lescht Joer den „Vie et société“ am Lycée agefouert hunn, maache mer elo dat nämlech och an der Grondschoul. D'Reliouns- an d'Morallscours ginn also an der Grondschoul duerch en eenheetleche Cours „Vie et société“ ersat.

Éier ech elo an d'Detailer ginn, erlaabt mer nach, Madamm Presidentin, e schnellen Historique iwwert de Reliouns- a Morallscours ze maachen. Bis 1968 hat de kathoulesche Reliounsunterrecht an eise Schoulen eng Monopolstellung, wann et drëm gaangen ass, d'Kanner an déi Jugendlech reliéis a moralesch ze erzeien. Den 10. Mee 1968 ass dës privilegiéiert Stellung duerch e Gesetz op en Enn komm, nottamment duerch d'Aféiere vun engem alternative Moralunterrecht am Enseignement secondaire an duerch d'Méiglechkeet, sech vun deenen zwee Coursen dispenséieren ze loos-sen.

30 Joer méi spéit gouf dunn och de Morallscours an der Primärschoul agefouert. Well awer ëmmer méi Schüler sech vun deenen zwee Coursen dispenséiere gelooss hunn an och vum System abuséiert hunn, gouf 2002 decidéiert, dës drëtt Méiglechkeet ofzeschaffen. Sait deem Moment si mer also an der Situatioun, wéi mer se och bis haut kannt hunn.

An dëst soll sech awer elo änneren. De Regierungsprogramm vun 2013 gesäit näämlech vir - an ech zitieren - «l'introduction d'un cours unique neutre et harmonisé d'éducation aux valeurs pour tous les élèves de l'enseignement fondamental et secondaire, lequel remplacera les cours actuels.»

Wat de Contenu vun deem neie Cours ugeet, huet d'Regierung drop gepocht, esou vill wéi méiglech Akteure mat anzubannen, fir dass dee Cours esou ëmfangräich wéi nëmme méiglech ka gestalt ginn. Et kann een also ganz kloer vun engem Entwécklungsprozess schwätzen, deen esou participativ wéi méiglech gestalt gouf.

Déi éischt Aarbechten zu deem Thema hu schonn 2014 ugefaang an hunn eng grouss Unzuel vun Akteure mat agebonnen. De Bistum, d'ALERF - also d'Association luxembourgeoise des enseignants d'éducation religieuse et morale dans l'enseignement fondamental -, d'Association luxembourgeoise des professeurs

d'éthique, déi national Kommissiounen, déi sech ëm d'Programmer vu Reliouns- respektiv Morallscours këmmen, an d'Initiativ „Fir de Choix“. Dës Aarbechten hunn ausserdem Etüden aus dem Quebec, der Schwäiz an Däitschland enthal, fir ze kucken, awéiwäit esou ee Cours Erfolleg kéint hunn.

Am zweete Semester 2014 huet de Ministère vun deene verschiddenen Avisen, déi Der am geschriwwene Rapport fannt, eng Synthes gemaach a kontrovers, mä konstruktiv mat deene verschiddenen Akteure weider diskutéiert. An 2015 kout et dunn zu der Konventioun tëschent dem Lëtzeburger Stat an de Glawensgemeinschaften, déi de Wee fir e gemeinsame Wäerteunterrecht fräi gemaach huet.

D'Entrevuë mat deenen zoustännegen Akteuren, wéi zum Beispill de Syndikater SEW an SNE, der Associatioun AHA, der Association luxembourgeoise des professeurs d'éthique, der Fédération générale des instituteurs luxembourgeois, der Ligue luxembourgeoise de l'enseignement an der Initiativ „Fir de Choix“, hunn et erméiglecht, de Ramenlehrplan ze publizéieren, an deem d'Ziler an déi grouss Orientatioun vum Projet presentéiert goufen.

Am Joer 2016 goufen do schlussendlech déi Lehrerhandreichunge presentéiert, déi den Enseignant am Alldag a Saache Preparatioun guidéieren. Eraus kout de VieSo-Cours, dee sech a sechs Themefelder andeelt: „Ich“, „Mensch, Natur und Technik“, „Ich und die anderen“, „Kultur und Kommunikation“, „Lebensformen, Welt und Gesellschaft“ (veuillez lire: an „Große Fragen“). An deem leschten (veuillez lire: zweetleschten) Themefeld geet et vum Beispill ëm déi grouss Froe vun eiser Gesellschaft an ëm d'Zesummeliewe vun all de Bierger.

Am Allgemenge kann ee soen, dass Theme wéi Weltreligiounen, Kulturen, Gewalt an Aggressiounen, Léift, Partnerschaft a Sexualitéit behandelt ginn. Et geet also drëm, Wäerter, ob reliéis oder net reliéis, de Schüler ze vermëttelen, op déi si hiert ganz Liewen och kënnen zrëckgräifen.

Madamm Presidentin, et geet, wéi gesot, drëms, d'Schüler zesummenzeféieren a se net wéinst verschiddene Glawensrichtungen oder Weltanschauungen ze trennen. Dës Wäerteunterrecht garantéiert soumat, dass jiddwereen, all Kand aus eiser multikultureller Gesellschaft, an dee Cours mat agebonnen ass. Et gëtt also kee méi wéinst sengen Iwwerzeugungen oder wéinst sengem Glawe respektiv Netglawe ver-noléisegt. Gläichberechtigung an Neutralitéit spillen also eng ganz grouss Roll.

Ech wëll kloer betounen, dass et sech hei net ëm eng einfach Vermëschung vun deenen zwee ale Coursen handelt, mä et geet éischter drëm, op eng responsabel an opgeklärten Aart a Weis un déi verschidde Liewensfroen erunzegoen. Dës Approche ass och an der Recommendation vum Comité des Ministres am Conseil de l'Europe festgehal, déi sech als Zil gesat huet «de poursuivre des initiatives dans le domaine de l'éducation interculturelle concernant la diversité des religions et convictions non religieuses afin de promouvoir la tolérance et le développement du 'vivre ensemble'».

Madamm Presidentin, mir komme jo méi spéit nach op d'Reprise vum Personal ze schwätzen. Loost mech awer scho virgräifen, datt de Ministère sech immens vill Méi gemaach huet, fir jiddwerengem eng fair Offer op den Dësch ze leeën! Duerno komme mer jo nach eng kéier dorobber zrëck.

Loost mech zum Schluss vu menger Ried awer nach eng kéier betounen, wéi wichteg de Cours „Vie et société“ fir d'Lëtzeburger Schoul wäert sinn! An esou enger heterogener an diversifizierter Gesellschaft, wéi mer se hunn, ass et wichteg, op d'Integratiounen opzebauen, sech zesummen un een Dësch ze setzen an ze probéieren, all Akteure mat anzubannen. Dëst ass just mat enger gemeinsamer Approche ze léisen: engem gemeinsame Wäerte-cours.

Madamm Presidentin, fir de Rescht verweisen ech fir d'Avise op mäi schrëftleche Rapport. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Rapporteur Lex Delles. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Laurent Zeimet. Här Zeimet, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Zeimet** (CSV). - Merci, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären.